

Ordre du jour

5000 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'Etat pour l'exercice 2003

(Exposé de M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances - Exposé de M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget)

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre; Mme Lydie Polfer, Vice-Premier Ministre; Mme Marie-Josée Jacobs, MM. Michel Wolter, Luc Frieden, Mme Anne Brasseur, MM. Charles Goerens et Carlo Wagner, Ministres; MM. Joseph Schaack et Eugène Berger, Secrétaires d'Etat.

(Début de la séance publique à 14.34 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber iergendwellech Matdeelungen ze maachen?

(Négation)

Dat ass net de Fall.

Dann héiere mer elo den Exposé vum Här Statsminister Jean-Claude Juncker iwwert de Statshaushalt vum Joer 2003. D'Wuert huet den Här Stats- a Finanzminister.

5000 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'Etat pour l'exercice 2003 (Suite)

Exposé de M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Lëtzebuerg ass keng Insel. Dat hu mer an de vergaangene Joren dacks gesot. Ob mer et ëmmer gegleeft hunn, weess ech net. Elo wësse mer et, a jiddferree mécht esou, wéi wann en et ëmmer scho gewosst hätt, och déi, déi heibannen an dobaussen de Stat an de Sue schwamme gesinn hunn, och déi, déi dobaussen an heibanne gelaacht hunn, wann een hinne gesot huet, dat kënn sech bal iwwer Nuecht änneren.

Elo huet et sech geännert an op déi Ännerung musse mer reagéieren, ouni ze iwwerreagéieren. Iwwerreaktioune wieren zwar spektakulär a géifen d'Impressioun opkomme loossen, hei géif ee schwätzen, dee géif richteg duerchgräifen an zollid handelen. Iwwerreaktioune sollen net sinn, well géif et se ginn, da wiere se geféierlech a si géife méi schueden, wéi dass se géifen notzen.

D'Effekter an d'Konsequenze vun der Welt- a vun der Euro-Wirtschaftskris, déi hunn d'Lëtzebuerger Grenzen erreecht. Mä dat Haus, wat mer an deene leschte Jorjénngen opgebaut hunn, steet net a Flamen. A well et net a Flame steet, brauch een och net mat dem grouss Läschzuch erauszefueren. Et besteet de Verdacht op Sickerbrand an eenzelnen Zëmmeren. Wann een d'Gefor vum Sickerbrand ënnerschatzt, da kann dat ganz geféierlech Konsequenzen hunn an da kann d'Haus geschwënn an héije Flame stoen. Well et awer nach net an héije Flame steet a well mer verhënneren wëllen, dass d'Feier sech meeschter mécht, a well mer de Sickerbrand an deenen eenzelnen Zëmmeren kloer am Bléck hunn, hu mer esou reagéiert op déi partiell Gefor, wéi mer reagéiert hunn. Fir kënne richteg op dee Sickerbrand an eenzelnen Zëmmeren an op eenzelne Stäck ze reagéieren, muss een emol kucken, wéi et da ronderëm déi Insel ausgesäit, déi keng Insel ass.

Wann ee sech d'Méi gött - et wär gutt, wa jiddferree sech déi Méi géif ginn - iwwregens net nëmme

seng eege Rieden nozeliese vun deene leschte Joren, wa mer hei-riwwer geschwat hunn, wéi d'Konjunkturprognose sech an deene leschten zwee Joer gejoet hunn, da géif e feststellen, datt ee kann dronke gi bei dem Réckbléck op dee Prognosekarussell.

D'Europäesch Kommissioun, an där hirem Prognoseperimeter mer eis normalerweis bewegen, wa mer Budget schwätzen, Budget maachen, Budget exekutieren a Budget opstellen, ass vun engem Danzbeen op dat anert gesprong an deene leschten zwee Joer, a mir sinn net all Kéier matgesprong. D'Europäesch Kommissioun huet am Abrëll vum Joer 2001, wéi mer also am gaang waren de Budget fir d'Joer 2002 virzubereeden, dovu geschwat, dass Lëtzebuerg géif am Joer 2002 ëm 5,5% wuessen.

Well dat wirtschaftlecht Ëmfeld weltwäit sech agegrübt hat, well jo déi Weltkonjunktur sech mordicus net wëllt un dat halen, wat mir an Europa decidéieren, huet déiselwecht Kommissioun am Hierscht 2001 festgestallt, d'Lëtzebuerger Wirtschaft géif ëm 3% am Joer 2002 wuessen. An am Fréijoer 2002, also wéi mer amgaang waren de Budget fir d'Joer 2003 virzubereeden, huet d'Kommissioun gesot, d'Lëtzebuerger Wirtschaft géif ëm 2% wuessen, mä huet erleuchtend fir alleguer déi, déi um Pad vun dem ondäitleche Wirtschaftswuesstem gewandert sinn, derbäigefügt, dass d'Neesusprange vun der europäescher Wirtschaft iminent wär fir d'zweet Semester vum Joer 2002. D'OECD huet am Juli vun deemselwechte Joer 2002 festgestallt, dass d'Reprise an der Welt an Europa sech géif am Laf vum zweeten Trimester 2002 accélérieren.

An deem Klima, an där Prognoselandschaft hu mer de Budget fir d'Joer 2002 opgestallt. Déi Prognoseprofiléierung war impressio-nant. Well wéi mer de Budget fir d'Joer 2002 hei an der Chamber abruecht hunn, si mer vu méi wéi engem, an net nëmme vun net prominente Spriecher vun der Opposition, kritiséiert ginn, dass mer d'Einnahme fir d'Joer 2002, besonnesch déi konjunktursensibel Einnahme wéi d'Taxe d'abonnement an den Droit d'enregistrement erëm eng Kéier bewosst a falsch ageschat haten. Fir si a fir eis huet et mussen iwwerraschend wierken, dass am Hierscht 2002 d'EU-Kommissioun fënn, wa se bis un d'Enn vun dësem Joer kuckt: D'Lëtzebuerger Economie géif ëm 0,1% wuessen am Joer 2002, am Joer 2003 ëm 2% an am Joer 2004 ëm 3,4%.

Dat, wat engem do fir d'Joer 2004 an Aussicht gestallt gött, ass eng erfreetlech Perspektiv. Et geet zwar net duer, fir all déi Fuerderunge laangfristeg ze erfüllen, déi op anere Stammdescher wéi heibannen decidéiert gi sinn, mä ass ëmmerhi méi, wéi déi Wuestensperspektiv, déi mer de Moment fir eist Land kënne kuerzfristeg gesinn. Mä mëttelfristeg gesäit een, wéi den Här Thorn (vun der Wierklechkeet regelméisseg dementéiert) an der zweeter Hal-schent vun de 70er Jore gesot hu-

et: Et gesäit ee Liicht um Enn vum Tunnel.

D'Konsensprognos am Fréijoer 2002 war, souwuel vum Internationale Währungsfong, wéi vun der OECD, wéi vun der Europäescher Kommissioun, wéi vum Statec, wéi vun der Lëtzebuerger Regierung, wéi vu jiddferengem bal heibannen, dass et géif zu engem Neesusprange vun der europäescher Konjunktur, an domat zu engem Ugesprongebleiwe vun der Lëtzebuerger Konjunktur am zweete Semester vum Joer 2002 - an deem si mer - kommen.

D'Konsensprognose vun allen Instituter, vun allen Institutionen a vun allen Organisationen, ass de Moment fir ze soen, et ass esou sécher wéi d'Amen am Gebiet - déi eenzeg reliéis Leit sinn eigentlech nach just d'Wirtschaftsprognostiker -, dass et géif zu engem Usprange vun der Welt-, vun der Euro- an dann awer och vun der Lëtzebuerger Konjunktur am zweete Semester vum Joer 2003 kommen.

De Budget 2002 ass opgestallt ginn an der fester, vu kengem contestéierter Erwaardung, dass et zu enger Reprise vun der Economie géif am zweete Semester 2002 kommen. De Budget 2003 ass opgestallt ginn an der fester, vu kengem contestéierter Konsensprognosesetzung, dass et am zweete Semester vum Joer 2003 zu enger weltwäiter wirtschaft-lecher Erhuelung géif kommen.

Wat ass dann elo geschitt am Joer 2002? Eigentlech sinn déi éischt sechs Méint picco bello gelaf. D'Prognose ware gutt, keen huet hinnen, bis op liicht Nuancéierungen, widdersprach. Et ass an Amerika zu enger wochelaang unhalender Erhuelung vun der Gesamtkonjunktur komm, mat liichten Overspill-Effekter op d'europäesch Konjunktur. An dunn ass geschitt, datt am Summer déi Erhuelung vun der Weltwirtschaft, a virun allem vun der Euro-Wirtschaft, a sech selwer zesummegebrach ass. Dee massiven Abroch vun der Euro-Konjunktur a vun der Weltkonjunktur huet selbstverständlech och Impaktbildungen an der Lëtzebuerger Economie zur Folleg gehat, an deen Abroch an der Lëtzebuerger Economie hat selbstverständlech zur Folleg, dass et zu enger manner seier wéi erwaartener Entwécklung komm ass, wat d'Steiereinnahmen hei zu Lëtzebuerg ubelaangt.

Ech hu gesot, dass déi amerikanesch Konjunktur, no engem ufänglechen Opflamen, erëm a sech selwer zesumme gefall ass. Dat huet sech kombinéiert mat engem enorme Réckgang op de Boursen, net nëmmen an der Folleg vum 11. September 2001, mä och op Grond vu strukturellen, perverse Verschiebungen an den Akommes- a Besetzverhältnissen an de Vereenegte State vun Amerika, sou zwar, datt eleng an der Triade, dat heescht an Europa, Amerika a Japan, am Joer 2002 wat nach net eriwuer ass, bis elo 8.000 Milliarden Euro op der Bourse vu Verméigenswäerter zerstéiert gi sinn. Dobäi ass komm, dass déi däitsch Konjunktur total ageknéckt ass, wat ee schwachen Ausdrock ass fir ee gewaltege Virgank, deen déi däitsch Vollékswirtschaft erreecht huet. Den Euro-Raum ass doropshin a senge Wuestumsbestriewungen extrem ofgebremst, geschwächt ginn. Dobäi kënn eng geo-strategesch Onsécherheet, där hir gesamt physiologesch Effektbildung een ëm Himmelswëllen net soll ënnerschatzen, ronderëm d'Plang vun dësem a vun deem, a vun aneren, fir am Mëttleren Orient zu enger

militärescher Aktioun géint den Irak ze kommen. De Kumul vun all deenen Elementer ergëtt en totaalt Ofschwenke vun engem am Ufank vum Joer däitlech erkennbare Vertrauensréckgewënn, dee sech verwandelt huet an een totale Vertrauensabroch. An dee senger-säits hat zur Folleg datt et zu engem, op Grond vum Vertrauensabroch, liicht erklärbare Konsumréckgang komm ass am europäesche Raum.

Wann ee weess, dass déi däitsch Economie een Drëttel vum gesamte Wirtschaftsbruttosozialprodukt vun der Eurozon duerstellt, a wann ee weess, dass besonnesch an Däitschland d'Bannennofro a sech selwer zesummegebrach ass, a wann ee weess, wat en Zréckgoen vum däitsche Konsum op deenen aneren europäesche Mäert, déi deen däitsche Maart bedéngen, zur Konsequenz huet, ass et zesummegeholl net verwonnerlech, dass mir, wuel mat laanger Verspéidong op déi aner europäesch Länner, och vun den Auswirkungen vun där europäescher a vun der Weltwirtschaftskris erreecht gi sinn. Eng Weltwirtschaftskris, niewebäi bemierkt, déi verharmlöst gött, well all nüchterne Bléck op d'Zuele weist, dass et déi gréisste Wirtschaftskris vun deene leschten 30 Joren ass, déi an der Intensitéit dat dépasséiert, wat mir an de 70er an an den 80er Joren um Weltwirtschaftsplang erlieft hunn.

Dat alles zesumme geholl, beienee geluegt an ausernee gepléckt, ergëtt, dass mer och e wirtschaftleche Réckgang zu Lëtzebuerg ze verzechnen hunn, deen natierlech besonnesch däitlech op der Finanzplaz bemierkbar gött, an Deelberäicher vun der Finanzplaz, während an aneren Deelberäicher vun der Finanzplaz positiv Zuele geschriwwen ginn, op Grond vun där an deene leschte Joren intervenéierter Diversifizierung vun der Produktpalett op der Finanzplaz.

Dee Réckgang op der Finanzplaz, déi konterbalancéiert ginn ass duerch e Weidergoe vum Wirtschaftswuesstum an der Industrie bis zu 4%, dee sech elo däitlech ofgeschwächt zum Schluss vun dësem Joer presentéiert, erkläert fir wat mir Réckgank bei der Lounsteuer ze verzechnen hunn, bedéngt natierlech duerch de Ralentissement vun der Economie an duerch eng staark ofhuelend Tendenz am Aarbechtsmaarterweiterungspotenzial, dat erkläert wéi-sou datt mer bei der Taxe d'abonnement, déi also besonnesch konjunktur- a börsenempfindlech ass, e staarken Abroch hunn, grad op där Tax, vun där d'lescht Joer nach gesot ginn ass, de Finanzminister hätt se bewosst falsch an ze niddreg ageschat, och um Niveau vun den Droits d'enregistrement, vun deenen d'lescht Joer heibannen och nach vun Eenzelne behaapt ginn ass, de Stats- a Finanzminister hätt se bewosst ze niddreg agesat fir d'Parlament an d'Leit un der Nues ermëtzeféieren, an och um Niveau vun der TVA, wat u sech op deen éischte Bléck en erstaunleche Phenomeen ass, well mer jo duerch eng gesteigert Kafkraaft, notamtant bewierkt duerch gesteigert Sozialausgaben an duerch gemindert Steuerbe-laschtungen hätte missten zu méi Konsum kommen, stellt ee fest, dass am Beräich vun der TVA, besonnesch de Secteur vun de Services, dat heescht vun den Déngschtleeschungen un de Finanzsecteur, et zu enger Regressioun komm ass. A vu, dass déi TVA belascht ass, ass et evident, dass et och do zu engem Réckschrétt kënn, vun deem een iwwregens nach net kann an dem Gesamtpak TVA soen, wéi et sech um Enn vum Joer wäert definitiv am Resultat vun den Einnahmen vun der TVA duerstellen.

Et ass en interessante Virgank, deen esouguer d'Wissenschaft

am Ausland ufänkt ze interesséieren, an d'Amateuren hei am Land nach net bis elo op d'Barrikade bruecht huet, datt an engem Land, wou eng Steuerreform gemaach ginn ass, et awer zu engem Konsumréckgang kënn. Dat huet mat der Taille vun eiser Economie ze dinn, mat dem Behuele vun der Lëtzebuerger Konsumentesozio-logie, déi relativ vill vun deem, wat se u Kafkraaft gewannen ausserhalb vun de Landesgrenzen zum Asaz bréngen, an huet och eppes mat der Mediengesellschaft ze dinn, een Aspekt, un deen ee ganz selten denkt, an deen esou plomp ass, dass ee sech bal gënéiert - mä all Mensch seet mer, dass et awer esou ass -, fir dat ze schilderen.

Duerch de Matraquage vun der däitscher Medienberichterstattung, an niewebäi bemierkt och duerch déi däitsch Ondugend, dat eegent Land pausenlos schlecht ze maachen, well déi däitsch Wirtschaft befénnt sech bei wäitem net an esou engem desolaten Zoustand, wéi eenzel Oppositionspolitiker a Medienbericht-erstatte dat de Moment wëllen déi Däitsch gleewen dinn, dass d'Impressioun opkënn, mir wieren zu Lëtzebuerg matzen an der Kris, an der Rezessioun, well mer et jo all Owend héieren op der Televisioun, an da muss et jo stëmmen, dass alles d'Baach erofgeet an dass Steiererhéijungen an d'Haus stinn. Do fënn eng ganz erstaunlech Verschiebung vun de geographeschen Tatsächlechkeete statt, well d'Leit hei ganz dacks en aneren Androck hu wéi dee vun eise-m Raum, wou d'Kafkraaft geklomm ass, wou d'Finanzsituatioun besser ass, a wou d'Konsumenteverhal-en deementspriedend och misst anescht sinn. Mä trotzdem stelle mer fest, datt dat nët esou ass.

Aus all deenen tatsächleche wirtschaftleche Virgänk, aus all deene psychologische Feelinterpretatiounen, an aus all dem Duercherneen an de Käpp an an de Verhalensweisen, ergëtt sech, dass mer och zu Lëtzebuerg een, wann och beschränken, esou trotzdem feststellbare Réckgang vun de Konsumausgaben an eng Emorientierung vum Konsumverhale feststellen, wouraus sech erëm ergëtt, einschlägeg beluegt vu villen, déi sech dozou geäussert hunn, an identesch esou ageschätzt vu villen, déi doriwwer nogeduecht hunn, dass wa mer net an de Joren 2001 an 2002 am Beräich vun de Privatpersounen zu enger massiver steierlecher Entlaaschtung komm wären, mer en effektive Konsumréckgang zu Lëtzebuerg gehat hätten, dee sech an engem vill méi däitleche Mooss negativ op d'Statsfinanzen an op d'Einnahme vum Stat ausgewierkt hätt, wéi dat elo de Fall ass.

Dat heescht, ouni Steuerreform 1 an 2 wär et zu engem däitlechen Ofsacken, engem regelrechten Ofstierze vun de Konsumausgabe vun de Privathaushalter zu Lëtzebuerg, dat heescht, innerhalb vun de Landesgrenze komm. Zu deem ass et, Gott sei Dank, net komm duerch déi Steuerreformen, déi am richtige Moment gemaach gi sinn: net datt se onbedéngt aus deene Grënn, fir dee Moment geplangt waren, mä se longe jidde-falls richteg an deem Moment, esou wéi mer dat och schonn 1990, 1991 an 1992 bei där Steuerreform, déi mer deemools gemaach hunn, och an engem Moment vu konjunktureller Réckbildung, konnte feststellen. Op alles dat huet ee musse reagéieren an et muss ee beschreiwen, wéi mer op alles dat reagéiert hunn.

Op de Budget 2002, dat heescht, deen de Moment amgaang ass ausgefouert ze ginn, ze reagéieren, ass natierlech enorm komplex. Reaktiounen si jo net nëmmen am Beräich vun dem Wëlle festze-

maachen, Reaktiounen, wa se dann deen néidege Buedem vu Wëlle géife fannen, misste se sech jo och a Gesetzer iwwerdroen, an déi misst een dann nach am Laf vum Joer 2002 séier op de Wee kréien, fir zu Haushaltsëmschichtungen ze kommen, wa se dann noutwenneg wieren. Ech mengen net, dass se et wieren. Dat ass jo net méiglech, a kee kritt dat eigentlech an der Europäescher Unioun hin.

Et muss een awer wëssen, datt op Grond vun der wirtschaftlecher Eintrübung - wat en zäertlechen Ausdrock ass fir dee bal rezessiv Formen unhuelende Réckbildungsvorgang an der Europäescher Unioun -, also et ass net méiglech fir op dee bal rezessive Vorgang ze reagéieren mat de Mëttele vun der normaler Gesetzgebung, an dofir gëtt och d'Exekutioun vum Haushaltsjoer 2002 a sengem Endofschloss en extrem schwierigen Exercice, bei deem net kann ausgeschloss ginn, dass et zu Defizitbildungselementer, op den eegenen Exercice 2002 bezunn, ka kommen, wat u sech awer - wéi ech herno nach vläicht d'Geleeënheet kréien auszuféieren - kee gréissere finanzpolitische Problem ass, weinst enger gutt dotierter Budgetreserv, déi offiedernd kann an Opstellung bruecht ginn, wann et zu viriwwergehenden Defizitbildungen, op eng Zwielfméintsperiod bezunn, géif kommen. Ech weess, dass de Budgetminister alles mécht, fir dat a Grenzen ze halen, oder fir et, esou wäit wéi dat méiglech ass, ze verhénnern.

Op de Budget 2002 ze reagéieren ass quasi onméiglech. Op de Budget 2003 Afloss ze huelen ass grad esou néideg, wéi et onméiglech ass op de Budget 2002 a senger Endexecutiounsphas nach hiewelwierkend Aflosselementer sech auswirken ze loos-sen.

Wat maache mer fir de Budget 2003? Den Här Frieden, Minister vum Budget a vum Trésor, wäert dat herno nach am Detail erklären. Wat maache mer am Joer 2003? Mir kommen einfach, well dat muss esou sinn, well dat déi budgetär Véridicitéit esou wëllt a well ekonomesch Gesetzer finanziell Resultater produzéieren, déi een net kann aus der Welt schafen, zu enger neier Aschätzung vun der Recettésäit am Statsbudget a kommen zu enger neier Ausgabenureiung fir d'Joer 2003 op der Säit vun den Dépensen.

Et ass eng Polemik driwwer entstanen - déi ech awer elo hei net wëll kommentéieren -, ob d'Regierung de Budget fir d'Joer 2003 ofgeännert huet oder net. Richtig ass et, dass de Finanz- a Budgetminister gesot huet, et géif zu kengen drasteschen Iwwerpräifunge vun der Budgetpolitik kommen, richtig ass, dass et zu kengen drasteschen Iwwerpräifunge vun der Budgetpolitik kënnt; richtig ass awer och, dass d'staatlech Ausgabe fir d'Joer 2003 par rapport zum Projet de budget, dee mer am September virgestallt hunn, ëm 2% ofgesenkt ginn. Et hätt jo nach gefeelt, dass mer d'Ausgabe fir d'Joer 2003 ëm 2% an d'Luucht gesat hätten. A richtig ass et och an dem histoiresche Verglach. Ech hunn dee gemaach, ech wëll dat just warnend soen.

■ M. Jeannot Krecké (LSAP).- Ech och!

(Interruptions)

■ M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances*.- Dir wësst jo nach guer net, wat fir een dass ech gemaach hunn.

(Interruptions)

■ M. Jeannot Krecké (LSAP).- Ob et eng Emännerung ass a mat wéivill Prozent.

■ M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances*.- Den Här

Krecké, deen anticipéiert ëmmer d'Wouerecht, woubäi ech hoffen, dass e se herno och wëllt héieren.

(Interruptions)

Op jidde Fall sinn déi Amendementen, déi d'Regierung dem Budgetsprojert fir d'Joer 2003 zoubréngt, ënnert dem Schnëtt vun den Amendementen, déi d'Regierung an deene leschten 20 Joer de Budgeten zoubruecht huet, mat engem Ennerscheid: Wa mer méi wéi 2% bei den Amendementen par rapport zu dem Projet de budget geännert hunn, war et ëmmer fir méi wéi 2% méi auszeginn. Dës Kéier ass et fir d'éischt, wou mer 2% manner ausginn, sou dass ech mengen, dass dat jiddefalls déi adequat Reaktioun wier op déi aus den techneschen Einnahmenadaptatiounen resultéierende Folgekonsequenzen.

Ech hu gesot, d'Haus géif net a Flame stoen an dofir dierft ee keng Iwwerreaktiounen a seng Reaktionsfelder sech aschläche loos-sen. Dat brauche mer och net ze maachen, well een dee gutt virbereet ass op eng bestëmmte Situatioun, vun där e sech dacks konnt denken, si kéint kommen a vun där déi meescht geduecht hunn, et wier eng Erfindung vun deem, deen hei schwätzt, dee brauch net iwwerzereagéieren, well dee kann e kille Kapp behalen, wann et waarm gëtt.

An dee kille Kapp, deen hu mer och behalen, wéi mer déi Zuele kritt hunn, souwuel vu Bréissel wéi vu Paräis - ech schwätze vun der OECD -, wéi vu Washington vum Weltwährungsfong, wéi vum STATEC. Dee kille Kapp hu mer behalen, andeem mer eis emol fir d'éischt un dat gehalen hunn, wat d'lëtzebuergesch Gesetzgebung virschreift, d'Tripartite-Gesetzgebung, awer déi kennt jo kee méi heibannen. Well mer jo an deene leschte Joren einfach ze dacks eng Tripartite aberuff hunn, wësse mer iwwerhaupt net méi, weini dass d'Gesetz virschreift, dass een eng muss arufen.

Wann d'Situatioun esou ass, wéi se elo ass, wann d'Indicateur sech esou no ënnen tendenziell verschieben, wéi dat an deene leschte Méint geschitt ass, da spillt d'Gesetz vum Dezember 1984 iwwert d'automatesch Indexéierung vun de Léin a Gehälter, ee Gesetz wat jo net seet, dass d'Indexupassung ëmmer muss esou bleiwen, wéi se haut ass. Mä déi deemools vun der CSV-LSAP-Koalitioun op de Wee bruechte Gesetzgebung gesäit jo vir, ënner wat fir Emstänn déi automatesch Indexéierung vun de Léin a Gehälter ka moduléiert ginn.

Bei esou engem reversibelen Instrument - d'Indexgesetzgebung op Grond vum Gesetz vun 1984 - do muss een also d'Indicateur lesen. A wann ee bestëmmte Lieselementer huet, da muss ee laut Gesetz d'Tripartite zesummerrufen, wat mer och gemaach hunn, an zwar fir hir zweet Sitzung, dat heescht, fir den Dag no der Presentatioun vun den Hierschtprognose vun der Europäescher Kommissioun. Deen Datum, wou d'Tripartite fir d'zweet zesumme getrueden ass, war jo keen neutralen Datum, well do hu mer déi neisten Zuele vun der Kommissioun dee Mëtte virdru kritt, a mir hu mat de Sozialpartner, wéi dat normal an üblech ass, berotschlot, wéi een da soll op déi Situatioun, déi europäesch an déi national, reagéieren.

D'Sozialpartner hu bei där Geleeënheet, souwuel bei där éischter Sitzung wéi bei där zweeter, zum Ausdrock bruecht, datt se op Grond vun einschlägegen Exposéen vun deenen zoustännige Ministeren, mat der Reaktiounsaart a Weis vun der Regierung averstane wieren, déi doranner bestanen huet, fir roueg ze reagéieren, fir keng drastesch Moosnamen ze ergräifen, déi e konjunkturdämpfenden a consu-

mofschwächenden Effekt hätten, a fir bei der bewährter Politik vun deene leschte Joren ze bleiwen, mat deene weder déi eng nach déi aner Sozialpartner am Detail averstane sinn, mä déi awer no der Mainstreambildung vun der Politikgestaltung als déi richtig Politik vun deenen leschte Joren an och fir déi nächst Joren erschénkt.

D'Sozialpartner hunn nach eng Kéier zum Ausdrock bruecht, dass se der Meinung sinn, dass et gutt war, dass dëst Parlament fir d'Joren 2001 an 2002 déi duebel Steuerreform an de Mémorial bruecht huet, dat heescht an d'Wierklechkeet vun de Portemonnaien iwwersat huet, souwuel bei de Privatpersounen, wou et zu enger massiver steuerlecher Entlaaschtung komm ass, Steuerreform, déi daitlech de Konsumabroch entschäerft huet, a bei de Betriber d'Méiglechkeet schafft fir de Fall, deen eis jo an der Konsensprognos fir d'zweet Halschent vum Joer 2003 virausgesot gëtt, wou et zu engem Neesusprange vun der europäescher Ekonomie kënnt, d'Investissementer sech an hirem Verlagerungseffekt esou orientéieren, dass se op deenen Territoiren, dat heescht also och Lëtzebuerg, landen, wou fiskal Apaisementer an deene leschte Jore geschitt sinn.

Vu dass d'lëtzebuergesch Kierperschaftssteuer an d'lëtzebuergesch Betribssteuer op 30% ofgesenkt gi sinn, maache sech d'Investmentdrainings a Richtung Lëtzebuerg fir de Fall, wou d'Ekonomie erëm uspréngt, an déi wäert jo erëm usprangen, an huet sech eng Investierungsstabilisatioun zu Lëtzebuerg erginn, well hei d'Steieren erofgaange sinn, während se an anere Länner net erofgaange sinn oder eropgaange sinn. Doduerch sinn Aktivitéiten zu Lëtzebuerg bliwwen, wat mittelfristeg betruecht een unhalend gutt droende Gesamteffekt op d'Lëtzeburger Ekonomie an op d'Lëtzeburger Steuerbildung huet.

Do gëtt vill driwwer gerätselt - ech hu Verständnis fir dat Gespräch -, ob déi Steuerreforme fir d'Joren 2001 an 2002 net vläicht e bëssen ze vill generéis gewiescht wären, ob se net ze wäit gaange wären.

Ech wëll mech hei net mat den Argumenten vun deenen hei bannen an dobause beschäftegen, déi souwiso fonnt hunn, déi Steuerreform géif ze spéit kommen a si géif net wäit genuch goen. Déi hu jo Ursaach, doriwwer frësch nozedanken. Ech wëll mech mat den Argumenten vun deene beschäftegen, déi soen, déi Steuerreform ass ze wäit gaang, well déi, notament d'Kollege vun der grénge Fraktioun, a Kohärenz mat deem stinn, wat se gesot hunn, wéi d'Steuerreforme gemaach gi sinn. Insofern huelen ech dat emol aussergewöhnlech eescht, wat do gesot ginn ass.

Fir dorop ze äntwerten, dass mat Ausnahm vu lichten Nuancë beim Zréckhuele vum Spëtzeleiersaz, d'Steuerreform fir Privatpersoune keng fundamental Kritik kritt huet, wéi se gemaach ginn ass, mä éischer fonnt ginn ass, dass e relativ substanzieellt Ofsenke vun der Gesamtbesteuerungsllaascht op de Betriber géif am Kader vun engem net contentéierten europäesche Steierdumping lues a lues Formen unhuelen, dass d'Méiglechkeet géif bestoen, dass de Stat am Fall vun enger konjunktureller Réckbildung sengen essentiellsten Aufgaben net kéint nokommen, an dann doraus automatesch sech géif erginn, vu dass ee jo Steiererhéijunge wahrscheinlech aus Konjunkturgrënn net géif maachen, dass am Sozialbudget géif gestrach ginn, fir den Equiliber vun den öffentleche Finanzen hierzustellen. Ech mengen, esou

kënnt een dat, wat d'Kollege vun der grénge Fraktioun an der Zäit gesot hunn, zesummeffaassen.

Ech gesinn den Här Bausch ass frou, dass e seng eegen Iddien esou kloer ausgedréckt hei gesäit.

■ M. François Bausch (*DÉI GRÉNG*).- Ech hunn et ëmmer gär, wa gutt Iddie widerholl ginn.

■ M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances*.- Voilà, déi Iddi ass gutt, mä si ass falsch.

(Hilarité et interruptions)

Net well se aberwitzeg wär. Ech wëll mech guer net op esou en Terrain vu schlagfertiger Basisdemagogie hei beginn. Dofir ass dat, wat mir hei ze besprieche hu vill ze vill seriö.

Wann d'Kritik ass, dass mir elo e finanziellen Engpass hunn - vun deem muss ee jo objektiverweis schwätzen -, well d'Kierperschaftssteuer ze vill ofgesenkt gi wär: da stëmmt dat am budgets-konjunkturelle Kontext, andeem mir de Moment sinn, net, aus deem ganz einfache Grond, well d'Produkt vun der Kierperschaftssteuer fir d'Joren 2002, 2003 an 2004 par rapport zu de Previsiounen net zréckgeet, well mir déi Reserve kënne mobiliséieren, déi do-duerch entstanen sinn, datt mir déi besteiert Gewënner vun de Banken net integral ofgeruff hunn an deene Jore vun der Héichkonjunktur, mä se leie gelooss hunn, fir se kënnen ze gebrauchen an Zäite vun engem duersch d'Steierreform entstanenen Engpass, oder engem duersch wirtschaftlech Réckbildung entstanen steuerlechen Engpass. Dat heescht, d'Ofsenkung vun der Betribsbesteuerung spillt an de Joren zwee, dräi a véier keng eminent wichtig Roll. Am Joer 2004 ka se allerdéngs, wa mir eng Rei vu Feeler maachen, eng Roll spillen.

Zweetens, wann d'Wirtschaft sech zréckbilt, wann notament d'Banken - well dovü schwätze mir, mir schwätzen net dovun, dass mir dem Metzler an dem Coiffeur seng Steierréckstänn elo andreiwen, wéi Einzelner dat entgéint der Wouerecht a bewosst dobause streeën -, mir schwätzen dovun, fir déi scho besteiert Gewënner an d'Statskeess fléissen ze loos-sen, wann d'Ekonomie sech zréckbilt, well d'Banken keng Benefisser méi an deem Mooss maachen, ob-schonnns Dir an den nächste Woche wäert gesinn, dass nach eenzel Banker ganz grouss Benefisser wäerte melle fir d'Joer 2001, wat awer guer näischt heescht, wann ee ganz genau kucke geet. Wann d'Benefisser vun de Banken erofginn, dann ass et zimlech egal, ob ech 39,9% Steieren dorop anzéien oder 30%. Wann d'Benefisser net do sinn, da kënnen se net besteiert ginn. Insofern spillt déi Ofsenkung vun der Betribsbesteuerung, déi aus wettbewerbserhalenden a -verbessernde Grënn am Joer 2002 gemaach ginn ass, keng grouss Roll.

Déi Iddi, déi Eilfertiger direkt streeën, an déi doranner besteet, fir ze soen: „Da kënnt Dir jo déi Steuer erëm eropsetzen!“ - den Här Gibéryen ass jo Fachmann vun esou méi séieren Iddien -...

(Interruptions diverses)

..., huet natierlech, géif een dat maachen, éischstens iwwerhaupt keen Effet, well doduerch kommen net méi Steieren eran, well wann een null besteiert mat 80% oder mat 12%, da kritt een nach ëmmer nëmmen null eran. Insofern wär dat e Verbrauch vu Mémorialspabeier, dee keng Verännerung vun der Wirklecheit géif erbäibréngen. An zweetens wär et e Signal an d'Konjunkturlandschaft vu mar eran, deen natierlech géfteg Wierkung hätt fir d'Reprise vun der Lëtzeburger Ekonomie, well dann déi Investitionsentscheidunge, déi de Moment am gaang sinn ze entstoen, sech net a Richtung Lëtzebuerg dirigéieren, mä ëmgeleet

ginn an déi Länner, déi méi en nid-drege Steiersaz wéi Lëtzebuerg hunn, an där gëtt et jo nach e ganze Koup an der Europäescher Unioun.

Insofern géif ech warne virun engem lichterfertegen Émgang, bei aller Seriositéit mat där een d'Argumentatioun muss behandelen, déi notament vun der grénge Fraktioun virbruecht ginn ass, mat deene Fundamentalaggregater vun der lëtzebuergescher a vun der europäescher Steuerlandschaft.

D'Sozialpartner waren an der Tripartite mat der Regierung der Meinung, dass et gutt war, dass mir virun e puer Méint - dorunner hunn Der jo e puer hei bannen och Mérite, net nëmmen aus dem Regierungslager, niewebäi bemierkt -, e breet opgeluegten a breet ugeluegte Programm fir de Logement, souwuel mat steuerlechen Ureizer, wéi och op effektiver Ausgaben - an Ennerstützungssäit, gemaach hunn. D'Sozialpartner waren des weideren der Meinung, et wär gutt gewiescht, dass mir an deene leschten an an deenen nächste Joren en héijen Investitiounsvolume wëilten hunn, nämlech a Bruttoinlandsprodukt ausgedréckt den héchsten Investitiounsbudget an der Europäescher Unioun.

En fait ass et esou, mir wären a genau där Situatioun, an där mer haut sinn, ouni dass déi Politik do gemaach gi wär, sauf dass mir nach an enger méi ofgeschwächter Situatioun wären. Dee Moment géife mir haut wahrscheinlech Motiounen presentéiert kréien, wou gesot géif ginn: „Setzt d'Steieren op de Privatleit erof, fir dass de Konsum erëm uspréngt! Setzt d'Steieren op de Betriber erof, fir dass der Investitionsbereitschaft begéint ka gi vun de Betriber duersch eng adequat Planung an eng prévisibel Gestaltung vun der betriplecher Steuerlandschaft! Maacht e Programm fir de Wunnebsbau a setzt déi öffentlech Investissementer wiesentlech méi an d'Luucht.“

Well awer all dat scho geschitt ass, kann een natierlech déi Politik do net afuerderen. Et weist sech, dass déi Politikelementer do an hirem Kumul sech net wuestumsabriechedresistent an alle Momenter vun dem Konjunkturzyklus kënnen auswirken. Et weist sech awer och, dass de Réckgang manner ausgeprägt ass, wéi soss doruechter, well déi Politik gemaach ginn ass. Et weist sech, dass d'Prévisibilitéit vum Gestaltungssperimeter vun de wirtschaftlechen Akteuren, y compris de private wirtschaftlechen Akteuren, doduerch gewénnt, dass d'Leit ganz genau wëssen a wat fir engem steuerlechen Émfeld se sech bewegen.

Dofir schléisst d'Regierung an alle Fäll aus fir aus Korrektionsiwwerleungen eraus bis un d'Enn vun dëser Legislaturperiod zu Stei-erhéijungen an iergendengem Steierberäich ze kommen. Dat wär Gëft fir d'Konjunktur. Dat wär e Broch vun der Prévisibilitéit vun der lëtzebuergescher Steierpolitik. Dofir féinnt dat net statt, weder am direkten, nach am indirekte Steierberäich.

Et gëtt gesot, d'Konsumausgabe missten an hirem expansive Kurs gebrach ginn. Ech ginn hei zou, onofhängeg vun den Definitionselementer vun de Konsumausgaben, dass mir eis an Deelberäicher vun den öffentleche Finanzen op engem, mengem Gusto no, fir dës Zäit ze vill expansiven Ausgabekurs befannen. Dee kann een ofbremsen, ouni dass Dramatesches an der Ekonomie oder am Liewe vun de Leit geschitt, soufern wéi et sech ëm déi lafend Ausgabe vum Stat handelt. Do ka jiddferee seng Phantasie spille loos-sen, dee mat öffentleche Budgeten ze dinn huet. Dat ass wouer fir d'Chamber a fir hire Budget,

deen een och emol eng Kéier a Rou ka kucken. Dat ass selbstverständlech richtig, net nëmme wouer, mä richtig, fir de Regierungsbudget, dat ass net falsch fir déi kommunal Budgeten. Dass ee probéiert d'Konsumausgaben an de Grëff ze kréien, dat heescht se net aus dem Seel ze loossen, an engem Moment, wou een net därëf, ass eng ëmmer richtig Politik. Fléck a l'icht beschriwwen an öffentlecher Ried, schwiergste ze maachen notamment duerch de Budgetminister an deegleche Klengausernanersetzunge mat deenen, déi 1.000 Euro hei brauchen, an 8.000 Euro do. Déi soen dann: Dat si jo nëmme 9.000 Euro. Si wëssen awer net, dass et der nach 1.000 gëtt, déi deeselwechten Dag och 9.000 Euro dréngend brauchen. An dann huet ee schonn där Euroe ganz vill gespuert, wann een daf ass op deenen zwee Oueren.

Insofern muss een dem Budgetminister daf Ouerer fir déi nächst Méint wënschen. Hien ass och fäeg, sech mat deem néidege Mooss un Dafheet ze dotéieren, dat e brauch. Och d'ailleurs beim Beantworten vun de parlamentarischen Ufroen, déi da selbstverständlich als éischt Konsequenz op esou e Verweigerungsprozess vum Budgetminister, net feeel wäerten hei gestallt ze ginn.

Wat d'Konsumausgaben ugeet muss ee wëssen, dass mer hei, an dorunner sinn der jo vill bedeelegt, zu enger fundamentaler Rezentrierung vun der Lëtzebuerger Finanzpolitik an deene leschte Jore komm sinn. Well vun 1990 bis an d'Joer 2003 sinn d'Konsumausgaben am Budget vun 30% vun der Budgetmass op 27% vun der Budgetmass zrëckgaangen, ganz einfach doduerch, well den Investitiounsundeel vum Budget natierlech erhieftlech an d'Luucht gesat ginn ass an deene leschte Joren, fir ëmmer erëm an der Europäescher Unioun an am Euro-Raum déi héchsten Investitiounsquot par rapport, souwuel zum Budget, wéi och zum Bruttoinlandsprodukt ze hunn.

Zu de Konsumausgabe gehéieren an alleréischter Linn d'Personalausgabe beim Stat. Do liest ee jo, dass abenteuerlechen, soziale Revisionismus, do opgetaucht wär an deene leschte Wochen a Méint. Et muss ee wëssen: D'Sozialausgabe beim Stat hunn 1990 24,5% vum Statsbudget uitgemaach. An et muss ee wëssen, fir d'Joer 2003, fir dee Budget, wéi den Här Frieden en amendéiert huet an hei am Haus virgestallt huet, bedroen d'Personalausgaben nach 19% vum Statsbudget. Dat heescht, dass mer am Gesamtfinanzverhale vum Stat, esouwuel d'Konsumausgaben am Budget, wéi och d'Personalausgaben innerhalb vun de Konsumausgaben am Gesamtbudget eng däitlech Tendenz no ënnen hunn, nämlech ëm e puer Prozentpunkten an deene leschten 13 Joer. Doraus gëtt erëm kloer, dass wann ee sech virstellt, wat ech zum Zweck vun der einfacher liicht verständlecher öffentlecher Explikatioun natierlech novollzéie kann, dass een elo misst entweder e Personalstop beim Stat verfügen, oder zu enger substantieller Ofsenkung vun dem Besoldungsstand vun den öffentleche Bedéngschte kommen, wat haushaltswierksam dat wéindegst Resultat produzéiert, well déi 19% Personalausgaben, déi de Statsbudget beinhalt, maachen insgesamt 72% vun de Konsumausgabe vum Stat aus. Dat heescht, dass de Spuereffekt eleng op der Gehältermass vun den öffentleche Bedéngschten nëmme e marginalen Effekt hätt, wat net heescht, dass wann d'Situatioun gräisslech gëtt, een dat net muss maachen. Da maache mer dat och, mä da maache mer nach vill aner Saachen. Mä fir dat elo ze maachen, ouni dass zwéngend Noutwendegkeet besteet, an ouni dass een iwwert dee Wee riseg Montanten am Budget géif

spueren, huet näischt mat enger éierlech gemengter Recommendationsmass un d'Regierung ze dinn, mä huet éischter eppes mat aneren Iwwerleeungsgrënn ze dinn.

Aus deene Chiffere résultéiert, dass also dat elengt Agéieren op engem Deel vun de Konsumausgaben haushaltswierksam Effekter huet, déi an iwwerhaupt kengem Verhältnis stinn zu deem konjunkturelle Réckgang, an deenen doduerch bedéngte Steierausfäll, déi mer am Statsbudget ze bekloen hunn.

Wichtig ass, dass mer bei de Konsumausgaben, dat heescht, bei de lafenden Ausgabe vum Statshaushalt, wëllen eng däitlech Verlangsamung vun engem heiansdo zevill expansiv gedene Kurs aleen. Wichtig ass, an dat ass d'Hand vum Budgetminister, déi een och an deem Budget hei erkenne kann, an iwwerengs och vum Wirtschafts- a streckeweis vum Baute-minister, dass et bei engem héijen öffentlechen Investitiounsvolume bleift. D'Investitiounen am Joer 2003 ginn ëm iwwer 31% an d'Luucht par rapport zu deenen effektiv geleeschtenen Investitiounsdépenses, déi mer bis un d'Enn vum Joer 2002 wäerten exekutiert hunn. Dat heescht, eng konjunkturkonform Reaktioun op déi Abrochssituatioun, déi mer an der Economie hunn, ass eleng schonn an der Stabiliséierung vun de Konsumausgaben, déi nach méi staark könnte prononcéiert sinn, an am Uklamme vun den Investitiounsausgabe ganz däitlech ze gesinn.

Mir wëssen also, wat mer maachen, a mir wëssen och, wat mer net maachen. Zum Beispill wësse mer, dass mer der Opfuerderung vu grousser Kreesser vum Patronat, net nokommen, op Grond vun der agetruedener wirtschaftlecher a finanzieller Situatioun, d'Mindestlounerhéijung op den éischte Januar vum nächste Joer aussetzen. Mir féieren déi Mindestlounerhéijung wéi geplangt mat enger 3,5%teger Upassung vun de Mindestlén fir den 1. Januar 2003 duerch, well mer net wëllen, nodeem mer an de groussen Aggregater vum Budget d'Steieren an d'Ausgaben nei ageschat hunn, ausgerechent bei deenen, déi am mannste verdéngen, also am ufällegste si fir konsumzréckdreiwend Lounaschneidungselementer, Spuerpolitik maachen.

Mir sinn am Géigendeel der Meinung, dass grad déi Leit, déi manner verdéngen, bal alles wat se an der Pai bäikréien, och effektiv Konsumzwecker zoukomme loos-sen, an net wéi vill anerer hei am Land, déi zwar méi haart jaitze wéi d'Mindestlounbezéier, dat wat se an der Pai oder an der Rent oder an der Pensioun bäikréien op d'Spuerkeess an op d'Bank droen, an net an de Konsum droen, an domat eigentlech en onsolidarescht wirtschaftlecht Verhale fir de Moment zur Schau droen.

D'Mindestlounbezéier, well se eigentlech schlecht dru sinn a wäit dervun ewech si Konsumkröussen ze sinn, bréngen déi Suen, déi se an hirer Pai bäikréien, an d'Geschäfte a bei d'Handwierk, an hunn domat eng automatesch wirtschaftsbeliewend Funktioun, wann och an engem bescheiden Ausmooss. Jiddefalls kann eng Politik, déi doranner besteet, fir grad elo an ouni dass soss eppes geschitt, de Mindestloun net ze adaptéieren, net d'Politik sinn, mat där des Regierung, ech selwer a mir alleguer niewebäi bemierkt, kënnent averstane sinn.

Et kënn drop un, an Zäite vu konjunktureller Réckbildung, esouwuel wirtschaftlech Effizienz wéi och sozial Symetrie a sozial Sensibilitéit ënner Bewäis ze stellen. Eng Politik, déi nëmme op wirtschaftlech Effizienz setzt an d'sozial Sensibilitéit op der Säit léisst, déi kënn an eng total asymetresch

Gesamtstëmmung eran, an déi een net därëf erakommen, wann een déi atmosphäresch gutt Basis wëllt halen, déi noutwendeg ass, fir dass op Grond vun enger breetgestrecktener Vertrauensgrondlag, Minimaloptimismus fir déi zukünfteg Gestaltung vun der Wirtschaftslandschaft ka viru bestoen.

Dat wat ech iwwert de Mindestloun soen, zielt och fir den Ajustement vun de Renten a vun de Pensiounen. Fir vill Rentner a Pensionierter awer manner, déi dräi- oder véiermol méi hunn an hirer Paitut wéi d'Mindestlounbezéier. Mä den Ajustement vun de Renten a vun de Pensiounen war versprach. E läit an der Logik vun der Entwécklung vun der Zäit, e läit an der Konsequenz vun de Wahlprogrammer vun alle politesche Parteien a vum Regierungsprogramm. Insofern kann dat net einfach eesäiteg, ouni dass soss doruechter eppes geschitt, zrëckgeruff ginn.

Dofir kënn et zum Ajustement vun de Renten a Pensiounen op den nächsten 1. Januar, an dofir gi mer net op de Wee, wéi eenzel Nopeschregierungen dat gemaach hunn, déi an deene leschte véier Joer heiansdo entweder d'Inflationsadaptatioun vum Rentenajustement net ginn hunn oder einfach d'Lounentwécklung net an de Rentenajustement abezunn hunn. Déi Politik wëlle mer net maachen, woubäi hei, ech hale mech domat iwwerhaupt net laang op, muss drop opmierksam gemaach ginn, dass et gutt an nützlich wier, wa jiddereren heibannen, am Licht vun där agetruedener Entwécklung an am Licht vun där previsible Entwécklung fir déi nächst Joren, wou de Wirtschaftswuesstum däitlech manner héich wäert si wéi véier Prozent, sech et nach eng Kéier géif iwwerleeën, ob en d'Recht hat iwwert déi hierzefalen, déi an deene leschte Méint heiansdo gesot hunn, et wier net evident, dass de Wirtschaftswuesstum ëmmer géif iwwer véier Prozent bleiwen, an et wier net evident, dass d'Fro vun der Finanzéierung vun eiser Altersversécherung definitiv fir déi nächst 20 Joer gekläert wier.

D'Wierklechkeet geet heiansdo méi séier, wéi ee selwer mengt, jiddefalls méi séier, wéi déi, déi soen, déi Wierklechkeet do, déi géif et iwwerhaupt net ginn.

Wann ech soen, de soziale Mindestloun bleift a senger Erhéijungsperspektiv bestoen, Ajustement vu Renten a Pensiounen gëtt gemaach esou wéi versprach, esou wéi geplangt, a wéi och budgetiséiert an deenen Deeler, wou dat budgetisabel a senger Noutwendegkeet ass, da soen ech och, dass mer am Géigesaz zu anere keng Aschnëtter am soziale Leeschtungsnetz wëlle maachen, well mer d'Noutwendegkeeten, fir dat ze maachen, net gesinn, a well mer d'pervers Effekter vun de Konsequenzen vun esou Aschnëtter, géif ee se maachen, och kënnen beim aktuelle Konjunkturstand relativ gutt ofschätzen an aschätzen.

Dofir kënn et net - bal all déi aner Länner sinn amgaang dat ze maachen - zu enger Ofsenkung vum Versuergungs-niveau vun deene Leit, déi keng Aarbecht hunn. Mir kënnen am Géigendeel eng Redynamiséierung vun enger souwisou aktiver Aarbechtsmaartpolitik maachen, déi net einfach akzeptéiert, dass déi éischt Konsequenz vun den Émschichtungsprozesser, bedéngt duerch de wirtschaftleche Réckgang, doranner besteet, dass d'Leit an hire Betriber entlooss ginn, a besonnesch dass déi eeler Arbeitnehmer vun hire Betriber entlooss ginn.

Ee Land, wat u sech selwer gleeft, Betriber, déi eng héich Meinung vu sech selwer hunn, déi suergen dofir, dass hiren éischte Reflex net deen ass vum Dégagement vum Personal, an déi suergen dofir, dass hir éischt Iddi net déi ass, déi Leit iwwer 50 Joer, déi souwisou an der Economie riskéiere keng Plaz méi erëmzekeréien, als éischt aus hire Betriber auszesortéieren, wann et an hire Betriber e bësse méi lues geet an

Dofir senke mir déi staatlech Leeschtunge fir déi Leit, déi keng Aarbecht hunn, fir déi Leit, déi eng Aarbecht sichen a fir déi Leit, déi an Émbildung an an Ausbildung sinn, net of, an dofir appelléiere mir un d'Betriber, déi Degagementseffekter einfachster Natur net zu hirem normalen Émgangsreflex mat der aktueller Situatioun kommen a verkommen ze loos-sen.

Et ass och net d'Absicht vun der Regierung, net am ubruechte Sënn vum Wuert, fir d'Indexéierung vun de Léin a vun de Gehälter erofzesetzen, mä kloer ass, dass mir eis an der Tripartite mus-sen, op Grond vun deem feststellbare Réckgang vun der Produktivitéit an de Lëtzebuerger Betriber vun 2% am Joer 2002, a vun 3,1% am Joer 2001, iwwert d'Lounbildungsselementer zu Lëtzebuerg an iwwert d'Aflëss, déi déi op d'Compétitivitéitsverhältniss-er téschent eise Betriber an deenen aneren hunn, an op Grond vun den objektiven Zuelen a Materialelementer ënnerhalen.

Mä déi einfach Fuerderung, fir elo d'Indexéierung vun de Léin an de Gehälter auszesetzen, well dat géif zu enger wesentlecher Behie-wung vun de Problemer a Belie-wung vun der Wirtschaftsland-schaft féieren, déi ass selbstver-ständiglech net richtig.

All Etüde weisen - ech weess lo net firwat, dass déi Etüden a kenger Zeitung richtig sou mol spektakulär gewise ginn -, dass trotz der Indexéierung vun de Léin a Gehälter an de leschten 30 Joer zu Lëtzebuerg, déi duerschneit-lech Weiterentwécklung vun de Léin net méi héich ass, wéi an deene Länner wou déi Lounentwécklung eleng duerch fräi Verhandlungen ënner Sozialpartner bedriwwen gëtt. Den Index ass wuel d'spiralgebend Element bei Inflatiounsbildungspartellen, mä ass awer net een Element, wat d'lëtzebuergesch Economie per-cée, well déi aner dat net hunn, net kompetitiv oder manner kompetitiv gemaach hätt. Am Géigendeel, et ass ee Gerechtegkeets-element dran, well d'indexautomatesch Upassung fir all Beschäftegten hei am Land spillt, ob en an engem Betrib ass, dee kollektivvertragelech ofgedeckt ass oder net, während d'Lounzouwuesselementer am Ausland ganz oft nëmme an den Tarifverträge, dat heescht an de flächegedeckte Mantelberäicher vum Vertragswiese spillen, an domat déi Beschäftegte, déi net ënnert engem Kollektivvertrag leien, eigentlech ee reale Réckgang vun hirer Akafskraaft hunn, während bei eis zumindest en Equilibre vun der Akafskraaft besteet vun deenen, déi net an an duerch Kollektivvertrag ofgedeckte Groussbetriber schaffen.

Dat ass e Punkt deen, wann et ëm d'Konsumverhale geet an ëm Steiereinnahmen, déi um Konsumverhalten leien, net grad onwesent-lech ass, an deen iwwerengs niewebäi bemierkt - mä ech wëll mech net doranner verlafen - erkläert, firwat dass déi bannen-zecht Demande am däitsche Wirtschaftsraum sou schwach ass, well do déi kleng Leit real Kaf-kraaftverloschter hu missen hin-huelen. A wann déi däitsch Economie, wat ee sech aus uerdungspo-litische Grënn net virstelle kann, eng automatesch Indexatioun vun de Léin an de Gehälter hätt, wier dee perversen Ofsenkungseffekt vun der Konsumkraaft bei den Akommesschwaachen natierlech net entstanen, an dofir ass en, well

mir dat hunn, zu Lëtzebuerg net an Erscheinung getrueden.

Et muss een heiansdo, well lo erëm esou eng Stëmmung op-kënn, wou gesot gëtt, elo probéiere mer emol erëm eng Kéier, fir déi Indexautomatik aus-zehielegen, och op déi makro- a mikroekonomesch, a makro- a mikrosozial Deelkonsequenze vun Indexéierung oder Netindexéierung vun de Léin a Gehälter hiwei-sen.

Einfach Äntwerte sinn och déi, déi soen, d'lëtzebuergesch Economie wiisst méi lues, well d'Émweltoplagen ze streng sinn. Et ass eng falsch Ausso. Ech wëll där ener-gesch hei entgéintrieden. D'Wirt-schaftswuesstem beschleunegt een net doduerch, dass een Émweltoplage lockert. Dat ass an alle Fäll, nieft der Netnohaltgkeet vun där Politik, eng Politik déi mat de Liewensbedingunge vun de Leit, net nëmme vun deene Schaf-fenden, net an Aklang ze bréngen ass.

Dass een, wéi de Wirtschafts-minister zu Recht seet, am Beräich vun der Prozedurbeschleunigung mol Ähnlech-es ka maachen, fir dass et méi séier zu Décisiounen kënn, och zu duerch-féierbaren Décisiounen, ass eng Saach, déi ech ausdrécklech ënnerstëtzen, mä d'Impressioun ze ginn, wéi dat heiansdo geschitt, net nëmme am Lager vum Patronat mä och am Lager vun de sou genannte fortschrittliche Sozialkräften, dass d'Émweltoplagen selwer Schold dru wieren, dass et zu enger Verlangsamung vu wirtschaftlechen Adaptatiouns- an Erweiterungsprozesser kënn, schéngt mir jiddefalls eng Theorie ze sinn, déi ee fir d'éischt muss beweisen, ier ee se ka behaupten, an déi, souguer wann ee se géif beweisen, net richtig ass, well da misst een eppes änneren, fir dass se net richtig kënn ginn.

Ech hu gesot d'Steieren an deem Beräich déi géife mir net an d'Luucht setzen, well déi Konjunktur-spréitz eng géfteg wier, déi mir domat géife ginn. Ech muss aller-déngs dobäi soen, fir dass doriw-er keen Zweifel besteet an och keng falsch Hoffnungen opkom-men, dass de Finanzminister nodrécklech der Meinung ass, dass et zu enger weiderer Ofsenkung vun de Steieren an deser Legis-laturperiod net ka kommen. Dat heescht och, dass fir d'Joer 2004 d'Steierbarëmen net un d'Inflatioun, déi et an deene leschte Jore ginn huet, ugepasst kënn ginn. Dat ass fir de Moment net mach-bar. Ech mengen och net, dass räs-onnabelerweis een dat de Mo-moment géif vum Steierminister ver-laangen.

Richtig ass och, dass mir, weinst där agetruedener Situatioun, mus-sen Ofstand huele vun der Ab-sicht, déi een hätt kënnen hunn, milliardeschwéier nei Ausgaben ze budgetiséiere fir déi nächst Joren. Et ass ganz evident, dass et zu enger globaler Gehälterevi-sioun an der öffentlecher Funk-tioun an deser Legislaturperiod net ka kommen. Déi Politik wier, ees wéi ees, schwierg ze gestalten, kaum ze bewerkstellige a vun enger enormer technischer Komplexitéit, mä dat hätt een nach hikritt, mä d'Finanzsituatioun insgesamt vum Stat ass esou, dass d'Gehälterrevisioun an deser Legislaturperiod jiddefalls net ka gemaach ginn.

Ech ënnersichen mol net, ob ee se hätt kënn maachen, wann et net zu deser Verengung vun der Situatioun komm wier, mä ech soen, mat der aktueller Finanz-situatioun vum Stat ass jiddefalls aus-geschloss, dass déi Gehälter-revisioun kënn. Wann ee gären hätt, dass se awer kënn, sinn ech zu jidder Zäit bereet, Motiounen an deem Sënn direkt ofzelehnen.

Et kann och net sinn, dass mir eis aus eisen internationale Verpflich-tungen, déi mir an deene leschte Joren agaange sinn, lues a lues

erausdrécken. Dat ass eng einfach Politik, déi heiheem net vill Courage kascht, mä déi dobaussen, wat den Image vum Land an d'Zouverléissegkeet vum Land ubelaangt, grouesse Schued mécht. Mir hu bei der Entwécklungshëllef et net gemaach, wéi vill aner Regierungen, déi op Grond vu finanzielle Réckganksentwécklungen an deene leschte Joren, hir Entwécklungshëllef prozentual ofgesenkt hunn. Bal all Länner vun der Europäescher Unioun hunn an deene leschte Joren Ofstand geholl vun hirem Progressiounsrhythmus, wat de prozentuale PIB-Undeel un der Entwécklungshëllef ubelaangt. Mir si bewosst bei enger entwécklungspolitescher Zilvirstellung vun 0,84%, dat heescht also vu méi wéi an deene leschte Joren, am Joer 2003 un öffentlecher Entwécklungshëllef bliwwen. Mir sëtze se domat, trotz dem Réckgank vun den öffentliche Einnahmequellen par rapport zum Joer 2002 nach eng Kéier an d'Luucht, wann och net esou vill, wéi se normalerweise hätten kennen an d'Luucht gesat ginn, wann d'PIB-Entwécklung effektiv eng wär, déi méi wéi 1 bis 2 Prozent wier, wat wahrscheinlech d'Resultat vum Joer 2003 wëllt sinn.

Mir halen och fest un deenen Engagementer, déi mir an der Westlecher Allianz aganga sinn. D'lëtzebuergesch Regierung huet sech verflücht um NATO-Sommet zu Washington am Abrëll 1999 sech un der Bereetstellung vun enger méi effizient gestallter Transportcapacitéit vun der Atlantischer Allianz ze bedeelegen. Mir hu bei all Konflikt an der Vergaangenheet festgestallt, dass déi Transportcapacitéit eben net zefriddestellend wier. Un deem Programm wëlle mir festhalen, an déi Engagementer, déi mir do geholl hunn, déi wëlle mir och respektéieren. Onofhängeg dovun, dass een net ganz vill am Budget 2003 géif wannen, wann ee géif Ofstand huele vun deenen Engagementer, ass d'Tatsaach, dass och dee klengsten Alliiéierten an der NATO, dee mat 0,8% PIB-Undeel vun de Verteidigungsausgaben, deen ass mat deem klengste verteidigungspoliteschen Effort, muss an der transatlantischer Solidaritéit bleiwen, déi absolut noutwendeg ass, an déi och nom 11. September hei an de Riede vun alle Fraktiounen beschwuer ginn ass, wéi hei un dat geduecht ginn ass, wat den 11. September geschitt ass. Da geet et net, dass een am éischte Moment, wou Aknackungselementer iwwert d'Landschafte feegen, Ofstand hält vun deem, wouzou ee sech an internationale Gremien, op eng multipelrepétéiert Aart a Weis engagéiert huet.

D'Diversifizierungspolitik an der Wirtschaft bleift natierlech een Imperativ vum Moment. Éischstens ass vill diversifizéiert ginn an deene leschten 25 Joer. Zweetens ass och vill diversifizéiert ginn an deene leschten dräi Joer. Ech wëll mech hei wiere géint déi pauschal Kritik, déi net beluegt gëtt, géint d'Aktivitéite vum Wirtschaftsminister, vun deem, deen esou beschriwwen gëtt de Moment, wéi wann deen op senger fauler Haut géif leien an déi Diversifizierungspolitik net géif richtig bedreiwen. Dat ass net de Fall. Onofhängeg dovun, dass ech Zeie si vu sengen Efforten op ville Plazen, am Ausland an heiheem, fir nei Aktivitéiten op Lëtzebuerg ze bréngen oder Erweiterungsinvestitiounen sech zu Lëtzebuerg ofspillen ze loosser, däréi een net a Vergiessenheet gerode loosser, dass mer nach net virun allze vill laanger Zäit heibanne jo eng komplett aner Diskussioun haten, wou d'Nischebeschmotzer jo hei net méi ze bremse waren a jiddferengem hei bannen erkläert hunn, esou kënnt dat net virugoe mat der Diversifizierungspolitik.

Deemools hu mer scho gesot, dass de Wirtschaftsminister, de-

sen, net dee virdrun, net méi all Betrib op Lëtzebuerg wëllt huelen, deen op Lëtzebuerg wëllt kommen, aus deene Grënn, déi mer op verschiddenst Aart a Weise schonn duergestallt hunn. Dann däréi een déi Politik haut net kritiséieren. Ausserdem sinn an deene leschten dräi Joer erhiefléch Investitiounen, notament Erweiterungsinvestitiounen zu Lëtzebuerg gemaach ginn.

A fir ze soen: „Dat sinn Investitiounen a Betriber, déi schonn zu Lëtzebuerg waren, an dofir keng nei Aktivitéiten“, léisst natierlech e Grad vun Duerchbléck am Wirtschaftsgescheien erkennen, dee relativ no bei dem niddregen Usaz vun dem Gras an iergendenger Wiss ass, well et brauch ee ganz vill Ustrengung, fir een ze iwwerzeegen zu Lëtzebuerg ze investéieren an deem Betrib, deen hien huet, wann hien och an Däitschland, an Irland, a Spuenien, a Portugal, an Ungarn an a Slowenien Betriber huet. Dat heescht, fir ze maachen, wéi wann dat keng Diversifizierungspolitik wier, just well Betriber géifen ausgebaut ginn, déi hei sinn, dat ass natierlech eng Kritik, déi ech absolut net esou wëll stoe loosser.

Pour le reste geet déi Diversifizierungspolitik virun um Niveau vum Wirtschaftsminister, wéi um Niveau vum Finanzminister, well mer séier beméit sinn, opgrond vun deene steierlech gënschtege Kaderbedingungen, déi mer hei opgericht hunn an deene leschte Joren, nei Aktivitéiten, notament am Beräich vum e-Commerce, op Lëtzebuerg unzézéien, déi sech net wäerten iwwersetze mat honnerten an dausenden neien Aarbechtsplazen, mä déi sech awer wäerten iwwersetze mat Steiererträg, déi duerchaus am Fall vun eenzele Betriber bis zu 0,5% pro Betrib vum Bruttoinlandprodukt erureeche.

Mat deene Gespréicher sinn ech amgaang, an déi Gespréicher kann ech eréischt an hirer Ergebnisbildung mellen, wa se ofgeschloss sinn, well et hätten och anerer gären an Europa déi Betriber. Fir se ze kréien, muss ee sech heiansdo déplacéieren a sech verneen loosser, dass een heiansdo net op deene Plazen ass, wou anerer mengen, dass een dee Moment eigentlech misst sinn.

Déi Diversifizierungspolitik muss natierlech och bei der Finanzplaz virugoen. Do ass enorm vill geschitt an deene leschten zéng Joer. D'Instrumenter si verfeinert ginn, d'Produktpalette ass méi breet gemaach ginn, de Finanzsektor ass net méi esou ufälleg fir de Börsereckgang, wéi en et nach gewiescht wier, virun 10 oder 15 Joer. Verheerend wier den Effekt gewiescht vun deenen ekonomesche Missbildungen, déi mer an deene leschte Méint a Joren haten, wann d'Finanzplaz sech nach an deem Zoustand befonnt hätt, an deem se viru 15 a virun 20 Joer war. Duerch d'Verbredung vun der Produktpalette, duerch d'Intensivierung vun den Angebotssträng op der Finanzplaz, ass déi Finanzplaz an hirer Resistenzfäegkeet géint d'Börsereckgang wesentlech méi staark ginn, wéi se dat virdru war.

Déi Politik muss virugefouert ginn, wat erkläert, wann och net eleng, firwat dass d'Regierung sech de Moment beméit an de Verhandlungen ronderëm d'europäesch Kapitalertragsbesteuerung, an d'Ofschafen oder d'net Ofschafe vum Bankgeheimnis, déi Positiounen ze entwéckelen, déi se amgaang ass ze entwéckelen, wat kee ganz einfachen an agréabelen Zäitverdreif ass. Dat ass méi loucht hei an der Chamber wéi do, wou et wierklech stattfënnt, woubäi ech dankbar si fir all ënnerstëtzend an ofstëtzend, och öffentlech Wuertmeldungen, déi an deem Beräich an deene leschten Deeg komm sinn.

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Et dierf ee kee Geck domadder maachen. Dat ass net fir lech gemengt, mä fir anerer.

Une voix. - Da loosst de Premier dach schwätzen.

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Ech ënnerbriechen de Premier net. Dat war fir Leit vun lech gemengt, wat ech elo gesot hunn, net fir lech.

(Interruptions)

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances. - Här Krecké, wann Dir d'Kollege vun der CSV nëmmen doduerch kënnt kritiséieren, dass der mech ënnerbriecht, da maacht et wann ech glift net.

(Hilarité)

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Et deet awer gutt.

(Interruption et hilarité)

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances. - Den Här Rippinger gëtt jo ëmmer nervös, Här Krecké, wann ech frëndlech mat lech sinn.

(Hilarité)

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Et ass déi lescht Zäit awer ëmmer manner oft de Fall, dass Dir frëndlech mat mir sidd.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances. - Ech hu fonnt a leschter Zäit waart Dir esou onfrëndlech mat mir, Här Krecké, an Ären Noper, déi zwee, deen een an deen anereren, dass ech lech muss soen, dass et gutt wier, ier Der d'Rieden halt zum Budget fir d'Joer 2003, alles nozelieser, wat een an deene leschte Jore gesot huet, well wann Der mengt, dass nodeem Der festgestallt hutt, wat mech e bëssen iwwerrascht huet, déi Hären Juncker a Frieden wäeren inkompetent, well se d'Weltwirtschaft net zesummebriecher gesinn an deem Mooss, wéi dat geschitt ass, woumat mer eis a gudder Gesellschaft mam Här Brown, dem englesche Finanzminister, mam amerikanesche Finanzminister, mam däitsche Finanzminister a mat deene respektive successive französische Finanzministere befannen. Insofern kann ech de Virwurf vun Inkompetenz relativ ökumenesch gedeelt gutt droen.

Liest dat no, wat Der d'lescht Joer gesot hutt, notament iwwert d'Aschätzung vun de Steiere fir d'Joer 2003. Da stidd Der esou blouss do, dass Der aner Leit net méi wëllt plakeg do stoe gesinn. Mä dat ass awer elo nëmmen als Remarque.

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Dat wär awer nach net dat schéinste Bild.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances. - Also Här Krecké, ech fannen, dass d'Chamber keng politesch Peepshow ass.

(Hilarité)

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Dir hutt domat ugefaangen, net ech. Dir schwätzt vu mir als plakeg hei.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances. - Ech hu vun deem entkleeten Zoustand, vun deem ech schwätzen, net ugefaang ze schwätzen. Ech hu just den Här Bodry, wat mech gewonnert huet, héiere mech als an engem solche mech befannend beschreiwen. An da wëll ech soen, wann een esou blouss do steet wéi anerer, schwätzt een net iwwert deenen anereren hir Plakeg-

keet, well dat gläicht sech ganz staark. Dofir Rieden nolieser, ier ee schwätzt. Dat hat ech, entgéint menge Gewunnechten, fir haut nämlech och gemaach.

Ech wollt soen, dass mer bei der Finanzplaz déi Politik vun Diversifizierung viruféieren, déi Politik vun oniwierluegter Réckbildung vun Deelaspekter vum Bankegeschäift net kennen an deem Rhythmus zouloossen, wéi anerer eis dat wëllen de Moment zu Bréssel imposéieren. Dat ass keng liicht Verhandlung, mä déi Verhandlung féiere mer natierlech mat Détermination. Ech soen nach eng Kéier, dass ech frou sinn iwwer all Ennerstëtzung, déi an deem Zesummenhang geäussert gëtt.

Wat mer net maachen, a wat gelungenerweis dëser Regierung ënnerstallt gëtt, dat ass, dass mer quietschfidel, kannerkéssend, päifend an déi nächst Wahle ginn an där nächster Regierung, wa se am Amt ass a se hire Kassensturz mécht - dat ass jo déi nei Moud an Europa -, géifen eidel Keesen hannerloossen. Wa mer feststellen, dass déi konjunkturrell Réckbildung virugeet, wa mer feststellen, dass déi haushaltspolitesch Verengung undauert, da ginn am Laf vum Joer 2003 déi Moossname virbereet, déi een zur Neehierstellung vun enger adequater Finanzsituatioun fir d'Joer 2004 brauch, an aller Clartéit an an aller Offenheet. Mir ginn net mat engem Budget an d'Wahlen, des Koalitioun net, dee falsch wier, deen op falsche Grondlage géif berouen an deen der nächster Regierung géif eidel Keesen hannerloossen.

Virun de Wahle gëtt gesot, wat no de Wahlen an der Keess ass. Léiwer verléieren ech d'Wahle knapp, well een iwwert d'Statsfinanzen d'Wourecht virun de Wahle gesot huet, wéi dass een d'Wahle knapp gewënnt, well een iwwert d'Statsfinanze gelunn huet, well dann ass ee véier Joer laang gehäit. An deem anere Fall ass een nëmmen dräi Deeg gehäit.

(Hilarité)

Vu dass ech liddreg sinn, sinn ech der Meinung, dass ee besser huet, dat esou ze maachen. Wann Der net richtig wësst vu wat, dass ech schwätzen,...

Une voix. - Dach, dach, vu Bayern.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances. - ...da kuckt d'Tagesschau den Owend, da verstitt Der, wéi schlecht, dass et deene geet, déi eréischt no de Wahle mierken, firwat dass se esou roueg am Wahlkampf waren. Si ware roueg am Wahlkampf, well et an de Statskeesen net méi gerabbelt huet, mä si hate vergiess, deenen anere Leit dat ze soen. Dat wëlle mer zu Lëtzebuerg net maachen. D'Leit solle virun de Wahlen wëssen, wat no de Wahlen,...

M. Alex Bodry (LSAP). - Wëllt Dir net Kanzler an Däitschland ginn?

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances. - Här Bodry, ech hunn lech am Liewe scho vill Wënsch erfëllt, besonnesch als Finanz- a Budgetsminister, besonnesch där, déi deier gi sinn, mä deen dote kann ech lech leider net erfëllen.

M. Jean Asselborn (LSAP). - Och mat der double nationalitéit, Här Juncker?

(Hilarité)

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances. - Här Asselborn, ech hunn lech am Verdacht Dir wäert nëmme fir déi duebel Nationalitéit, fir dass Der mech kënnt an enger auslännescher Regierung ënnerdaach bréngen. Dat wäert lech net geléngen.

(Hilarité)

Wat ech soe wëll, an dat prinzipiell bei aller Besuergnis iwwert déi wirtschaftlech Situatioun an där mer sinn, a bei aller Ängschtlechkeet och iwwer vläicht net déi total Maitrise vun de finanzielle Konsequenze vun där Situatioun, an déi mer agetruede sinn, dat ass, dass ech wierklech gleewen, well och keen eppes anescht seet, dass et an der zweeter Halschent vum Joer 2003 zu enger Reprise kënnt, déi haushaltswierksam am Joer 2004 gëtt.

Mir hunn et fäerdeg bruecht zu Lëtzebuerg roueg kennen ze reagéieren, well mer net brauchen iwwerzereagéieren, well mer gutt virbereet sinn. Mir hu Reserven op der Einnahmesäit, besteiert Gewënner vun de Banken, déi do leien, an déi an d'Statskeesen afléisse kënnen. Mir hunn en héijen Niveau vu Reserven op der Ausgabesäit, mat deenen d'Investissementer vun deenen nächste Jore kënnen bedéngt ginn. Mir hunn déi niddregste Statsschuld an Europa, eng Nettostatsschuld vun 1,4%. Mir gehéieren zu deene Länner mat där niddregster Inflatoun an der Europäescher Unioun. Dofir ass et mer eigentlech net Ängscht, besonnesch wann ech dat retransposéieren an de Gesamtkontext, esou wéi en amgaang ass sech ze entwéckelen.

Dobäi ass wichteg, dass d'Europäesch Zentralbank haut de Mëtteg, véirel vir zwou, eng Ofsenkung vun den Zënse decidéiert huet an der Héicht vu 50 Basispunkten, wat e substanzuelen Zënsschrëtt ass, vun deem ech mengen, dass en, mat e puer Méint op den eigentleche Konjunkturverlaf, verspéit vun der Europäescher Zentralbank ergraff gëtt. Dat gëtt dem europäesche Wuesstum nei Muskelkraaft. Dat ass Munitioun fir d'Boursen, déi hir Buedemdeckung endgültig erreecht hunn, well eleng schonn an deene leschte Méint, vum Oktober un, ass d'Bourse an de Vereenegte State vun Amerika an hirer Wäerthaltegkeet ëm 20% geklomm. Deen Zënsschrëtt vun haut, a Kombinatioun mat anere strukturpoliteschen Elementer, déi an der europäescher Eurozon decidéiert gi sinn, an nach wäerte ginn, wa mer eis op dem Wee vun der Reprise befannen. Dofir muss een d'europäesch Zentralbank selbstverständlech zu deem Schrëtt félicitéieren, dee besonnesch wichteg ass fir eis Finanzplaz, well dat eben ee Schrëtt ass, dee Munitioun fir d'Boursen ass. Vu dass besonnesch d'konjunktursensibel Einnahmequellen de Moment eng Tendenz no ënnen accuséieren, kann et am Laf vum Joer 2003-2004 och zu enger frëschgestéckelter Reprise, engem nees Opriichte vun deenen akommespolitesche Kategorien am Statsbudget kommen.

Mir hunn ëmmer gesot: Firwat ass dat eigentlech ni richtig gegleeft ginn, dass een, wann ee Sue méi erakritt, wéi een erwaart huet, dat net op schlecht Absichten zrëckzeféieren ass, mä op méi eng gënschteg Entwécklung wéi déi, déi een ugehall huet? Fréier, wa Milliarde méi erakomm sinn, notament bei der konjunktursensibler Abonnementstax, ass mer heibanne gesot ginn, de Finanzminister hätt bewosst eng Ennerschätzung ginn. An elo gëtt mer gesot, en hätt bewosst iwwerschot.

D'Tatsaach ass, dass keen op de Millimeter genau weess, wéi déi Steueraggregator do funktionnéieren, well se essentiell weltkonjunkturfahängeg sinn an dofir ëmmer zu Onrecht - dat hunn ech honnerte mol heibanne gesot - ugefouert gi sinn, wann heibannen de Beweis sollt ugetragt ginn, d'Leit géife vum Lëtzeburger Finanzminister d'Suen aus der Täsch gezu kréien, wa mer 20 oder 10 Milliarden Excédenten am Statsbudget stoen haten. Dann hu mer ëmmer gesot, dat sinn net d'Sue vun de

Leit, dat sinn d'Suen déi iwwert d'Taxe d'abonnement an iwwert den Droit d'enregistrement era-komm sinn.

Vun der Kanalstrooss bis an de siwenten Himmel ass geschriwwen ginn, de Juncker géif de Leit d'Suen aus der Täschen zeien, géif de Leit d'Suen net erëmginn. Elo si se net méi do, an, Gott sei Dank, hu mer déi Suen net einfach aus-ginn. A, Gott sei Dank, hu mer mat deene Sue net oniwwerluegt Steierreformen zum onméiglechs-ten Zäitpunkt finanzéiert, mä déi Sue gehortet, fir dass mer Reser-vebildungsselementer genuch hät-ten, fir an deem Moment, wou wirt-schaftlech a finanzpolitesch Eng-päss geifen antrieden, d'Finan-zierung vum Statsbudget a vun den essentielle Staatsaufgabe könnte sécherzestellen.

Mir hunn dacks gesot, déi Reser-ve bei der Kierperschaftssteier, déi mer do leien hunn, an dat ass kee Maquillage, wéi gëschter ge-sot ginn ass, well dee kann een net iessen, mä een Apel fir den Duuscht kann een ëmmer iessen, an dat do ass een Apel fir den Duuscht, fir deen Duuscht, dee mer am Joer 2002, am Joer 2003, an am Joer 2004 hunn, déi Reser-ven,...

(Interruption)

...déi mer hunn, déi kënnen mer elo abréngen, fir datt mer déi fir d'wirtschaftlech Diversifizierung a fir d'Verbesserung vum in-frastrukturellen Netz noutwendeg Investissemen-ter an öffentlecher Hand kënnen an deenen nächste Jore finanzéieren. Aplaz, wéi alle-guer déi aner, eis Haushaltskonso-lidierung ëm d'öffentlech Investis-sementer müssen no ënnen ze korrigéieren, kënnen mir eis öffent-lech Investissemen-ter an d'Louch setzen, an domadder eis dee Vir-sprong elo verschafen, an Zäite vu konjunktureller Réckbildung, dee mer brauchen, fir d'Nues vir ze hunn, wann d'europäesch Ekono-mie an d'Weltökonomie erëm usprangen.

An dofir, Dir Dammen an Dir Hären, ass et mir och net Angscht. Ech wëll hei keng Ried halen, fir ze beschéinegen. Firwat soll ech dat maachen? Et ass méi lichter ze regéieren, wann et schlecht geet, wéi fir ze regéieren, wann et gutt geet. Et ass da schwéier ze regéieren, well jiddferen engem dauernd ka soen, mir hätte gären a géff eis. Et ass lichter ze regéie-ren, wann een de Leit kann er-klären, mir hunn et net an dofir kënnen mir lech et net ginn. Dat ass méi schwéier ze maachen, dat kascht méi Ustrengung, dat kascht méi Energie, dat kascht méi Gehierschmalz, dat kascht och méi Gefill, mä et ass méi ein-fach. Et ka keen eppes vun engem verlaangen, wann een dat, wat een dofir brauch, net huet.

Nee soen ass schwéier, wann een et huet, a wann een de Leit muss erklären, mir kënnen lech dat net ginn, well mir brauchen dat enges Daags an deen Dag kënn et eng kéier. Et ass lichter ze soen, Dir kënn mech froen, wat Der wëllt, ech hunn näischt an ech kann lech näischt ginn. Dofir d'poli-tesch Schwierigkeete vum Hand-wierk hier, si méi schwéier, wann een näischt huet, well da muss een anescht tässelen, mä poli-tesch ass et méi einfach fir Nee ze soen, wann engem soss näischt iwwreg bleift, wéi Nee ze soen, well dat versteet all Mënsch. Wann een elo alles huet a jiddferen seet, Dir schwammt am Geld, gitt eis, kommt hei, an da muss ee soen nee, da soe se et ass ee schlech-te Mënsch, dee wëllt eis näischt ginn: „Juncker hält unser Geld für sich!“ Kanalstrooss.

(Hilarité et interruptions)

Elo ass et net méi do an et ass al-so vill méi einfach. Mä et ass eng gewaltig Ustrengung, fir dat alles am Lot ze behalen a fir dat alles erëm propper op d'Bunnen ze kréien. Mir bréngen dat awer fäer-

deg. A wann ech soen, mir brén-gen dat fäerdeg, da mengen ech domat net den Här Frieden an ech, oder den Här Grethen, da mengen ech domat net d'Regie-rung, da mengen ech domat net d'Koalitioun, da mengen ech do-mat net d'ëst Haus, da mengen ech d'ëst Land, well ech der Mee-nung sinn, dass, wann et drop ukënnt, da brénge mer et fäerdeg.

D'Leit verstinn, mir hunn eis een Apel fir den Duuscht ugeluegt, elo hu mer Duuscht, elo bäisse mer an den Apel. Anerer bäissen an d'Gras am Ausland, well se keen Apel hunn. Mir bäissen an den Apel, well mer eppes fir den Duuscht ugeluegt hunn. Wann et spatz gëtt hei am Land, wann d'Loft méi reng gëtt, wann d'Loft méi rau gëtt, hunn d'Lëtzebuurger an déi Leit, déi hei am Land wun-nen, et ëmmer nach fäerdeg bruecht, well se verstinn, dass een net all Wonsch kann erfëllen, sech esou zesummen ze huelen, dass mer an enger gemeinsamer Kraaftustrengung iwwert déi Schwierigkeeten erauskommen.

Wann een et packe kann an Euro-pa, dann awer sécher Lëtzebuerg, dat Land mat deenen héchste Res-erven, wat seng öffentlech Aus-gabeprogrammer ubelaangt; dat Land mat deenen héchste Reser-ven, wat seng nach net getätet Einnahmenofschlüssinstrumenter ubelaangt; dat Land mat där nid-dregster Statsschold; dat Land, leschten Enns och, mat deem gréisste Wëlle sech net ënnerkréi-en ze loossen, insofern wa mer eis packen, jiddferen bei sech an och allguer zesummen, wa mer méi schaffe statt manner ze schaffen, wa mer méi bedächteg si bei der Formulierung vun eise Proposi-tiounen a méi konsequent si bei der Ausrichtung vun eisen öffent-lechen Ausgaben, wa mer un eis selwer gleewen an trei an eise Vir-sätz bleiwen eist dozou bäize-droen, dass aus där Europäe-scher Unioun, esou wéi se ass an esou wéi se wilsst, een definitiven an durabele Succès gëtt, da mus-se mer eis gewaltig ustrengen, dacks Nee soen, mä leschten Enns maache mer dann dat rich-tegt fir eist Land.

Ech soen lech merci!

■ **Plusieurs voix.** - Très bien.

■ **M. le Président.** - Ech ginn Akt vun der Deklaratioun vum Här Statsminister a mir héieren elo den Exposé vum Här Budgetsminister Luc Frieden iwwert de Statshaus-halt vum Joer 2003. Den Här Bud-getsminister Luc Frieden huet d'Wuert.

Exposé de M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget

■ **M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.** - Här Presi-dent, Dir Dammen an Dir Hären, gëschter huet de Kolleg Emile Calmes am Numm vun der Finanz-a Budgetskommissioun de Bud-getsrapport zu dësem Projet de loi gemaach, dat wat allgemeng ge-nannt gëtt dat wichtegst Gesetz vum Joer, ganz einfach well et d'Grundlag ass vu ganz ville Poli-tikberäicher. En huet also e parla-mentarescht Bild vun eiser Aar-becht gemoot.

Ech war mat villes vun deem, wat e gesot huet, d'accord an ech wollt him an de Kollegen aus der Finanzkommissioun ënnert hirem President Lucien Weiler villmools merci soen, fir déi intensiv Aar-becht, déi se gemaach hunn. Als fréiere Budgetsrapporteur weess ech, wat fir eng Aarbecht dat ass, a mir wäerten déi Analys, déi do gemaach ginn ass, déi Commen-tairen an déi Suggestiounen mat-huele fir zukünftige Budgeten.

De Mëtteg huet de Stats- a Fi-nanzminister e Bild gemoot vum Kader an deem mer dëse Budget 2003 gesat hunn. En huet d'wirt-schaftlech Situatioun beschriw-en. En huet e Rappel gemaach vu verschiddene politeschen Aus-soen aus der Vergaangenheet, déi nützlich sinn, fir déi puer

zousätzlech Commentairen zur Budgetspolitik an zum Budget 2003, déi ech um Schloss un déi Erklärung vum Statsminister nach wollt maachen.

Wann een nämlech de Budget 2003 kuckt an deem Liicht, dat de Statsminister beschriwwen huet, vun dem wirtschaftlechen Ëmfeld, dat keen einfacht ass, da gesäit een am Fong dräi grouss Saa-chen.

1. Mir hunn et hei mat engem Bud-get ze dinn, deen e Budget ass vun de gesunde Statsfinanzen.
2. Et ass awer och e Budget fir Wuesstum an Aarbechtsplazen an et ass
3. e Budget vun der Solidaritéit a vun de staatleche Grondaufga-ben.

Ech géing gäre kuerz e puer Wuert zu deenen dräi fundamen-tale Prinzipien vun deem Budget 2003 soen.

Fir d'ëischt zu de gesunde Statsfi-nanzen. Ech mengen, éierlech ge-sot, datt et e Budget ass vum res-ponsablen Emgoe mat de Stats-suen. E Budget ze presentéieren an dësem Ëmfeld, dee 6,3 Milliar-de Recetten a 6,3 Milliarden Dé-pensen huet, deen dobäi eng Croissance vu 5,6% Recetten-Dé-pensen opzeweisen huet an deen am Equilibre ass, ass d'Resultat vu villen, laangen, responsable Gespréicher, déi mer mat alle Kol-leegen an der Regierung haten. Net alles war méiglech, mä d'End-zil vun der Regierung war, fir e Budget am Equilibre virzustellen.

Ech hunn emol nogekuckt, wat den europäesche Conseil vun de Finanzministeren am Ufank vun dësem Joer iwwert d'Statsfinan-zen zu Lëtzebuerg geschriwwen huet. De Conseil huet geschriw-en, wéi en de Stabilitéitspro-gramm vu Lëtzebuerg gekuckt huet: „Les finances publiques lu-xembourgeoises sont extrême-ment saines“. Wann en dat am Ufank vum Joer 2002 geschriw-en huet, da soen ech lech, dat ass och nach elo richtig, well eng Situatioun vu Statsfinanze kann een net an enger Momentopnam kucken, mä et muss ee se iwwer eng länger Period kucken, an dofir ass dee Saz, deen net vun eis kënnt, mä vum europäesche ECOFIN-Conseil, nach ëmmer richtig.

A wann een dann d'Elementer do-vunner kuckt, da gesäit een och, firwat dat esou ass. Kuckt eis Statsschold. De Statsminister ass kuerz drop agaangen. En huet just den Taux vun der Nettoschold ge-nannt. Mä wann Der kuckt, datt mir eng Schold hunn, déi fir de Moment eppes 690 Milliounen Euro ass, a wann een awer zugläich weess, datt vun deene 690 Milliounen Euro, mer 404 Mil-liounen Euro am Fonds de la dette publique stoen hunn, dat heescht also, méi wéi d'Halschent hu mer op der Säit, ouni datt mer vill do-riwwer geschwat hunn, fir déi Schold zrëckzebezuelen, wann d'Echéance vun deenen Obliga-tiounen ass, da gesäit een, datt mer eng extrem kleng Statsschold hunn. De Statsminister huet gesot, datt et netto 1,4% sinn. Dat er-kläert, firwat ee kann, wann et noutwendeg ass, Infrastrukturpro-jeeten, déi iwwer eng länger Zäit musse bezuelt ginn, iwwert d'Statsschold bezuelen. Dat huet Äre Budgetsrapporteur gëschter hei suggéiert, och a sengem schréffleche Rapport. Mir maa-chen dat elo net, mä mir kënnen et à tout moment maachen, wann et noutwendeg ass, well mer virge-sinn hunn.

Eis Bruttoschold, ouni de Fonds de la dette, beleeft sech pro Awunner op ronn 1.500 Euro. Dat ass bei wäitem déi niddregst Bruttoschold pro Awunner an der ganzer Europäescher Unioun.

Datselwecht gëllt fir d'Reserven. Mir hu Reserve gemaach an dee-ne leschte Joren, an dat ass eng gewollte Politik gewiescht, fir déi Reserven ze maachen. Et wier méi einfach gewiescht, wann ee vill Suen erakritt zu engem gewesse-ne Moment duerch d'Konjunktur, duerch d'Evolutioun vun de Bours-sen, fir déi Suen dee Moment aus-zeginn, mä mir hunn dat net ge-maach. Mir hunn, besonnesch an deene Jore wou vill erakomm ass, eis Reserven opgestockt, Reser-ven an deenen eenzelnen Investi-tionsfongen, fir d'Infrastrukturen ze bezuelen, Reserven och, déi nach net affektéiert sinn.

Ech huelen zum Beispill d'Joer 1999. Do hate mer 1,7 Milliarden Euro Reserven, Avoire vun de Fongen a Budgetsreserven. Dat sinn also ronn 70 Milliarde Lëtze-buerger Frang.

Haut, dräi Joer duerno, hu mer eng eng total Reserv vun iwwer dräi Milliarden. Mir hunn also sub-stantiell vun 1,7 Milliarden op iw-er dräi Milliarden Euro méi Res-erven haut, well mer an deene Joren 2000, 2001, wou vill Plus-val-ue waren, gesot hunn, elo leeë mer déi an d'Fongen a mir gi se net direkt aus.

Et ass also net, datt dat nëmme Reserve sinn, déi vum Zweete Weltkrich un do geleen hätten, wéi ech iergendwou héieren hunn, a vun deene mir elo géinge pro-fitéieren. Neen, dat si Sue vun deene leschte Joren, wou ech mat Déterminatioun dofir gesuergt hunn, datt déi Sue géingen op d'Säit geluegt ginn, fir datt mer déi Infrastrukturen, déi mer décidéiert hunn, déi Är Chamber décidéiert huet, och kënnen bezuelen, well déi bezillt een net an engem Moment, mä iwwer e puer Joer.

Datselwecht gëllt fir d'Budgets-reserv. Vun deenen 3,2 Milliarde sinn der eppes 2,7 an de Fongen a 500 Milliounen, eng hallef Milliard also, sinn an der Budgets-reserv. Iwwert d'Budgetsreserv ass jo vill an deene leschte Woche geschwat ginn. D'Budgetsreserv ass de kumuléierte Solde vun de Budgetsiwwerschëss no Affekta-tioun vun de Plus-valuen. Déi gëtt also am Compte général festgelu-egt. Déi kann een nëmmen eemol d'Joer déterminéieren, nämlech nodeem ee gekuckt huet, wat ass de Solde vum Budget, nodeem een d'Suen, eventuell d'Plus-val-uen an d'Fonge ginn huet, an deen ass den 1. Januar vun dësem lafende Joer 505 Milliounen Euro gewiescht. Dee gëtt am nächste Compte général erëm eng kéier festgeluegt.

Wat während dem Joer geschitt, dat ass d'Trésorerie, déi ännert all Dag, mä et gëtt nëmmen eng Dé-finitioun vun der Budgetsreserv, an eis Budgetsreserv - ech soen et hei fir d'Drëtt - ass 505 Milliounen Euro. An eise Fongen hu mer Reserve vun 2,6 Milliarden Euro.

An déi Suen, Dir Dammen an Dir Hären, hu mer op eng gutt a res-ponsabel Aart a Weis ugeluegt. Mat dëse Suen, wat dem Steuerzu-eler seng Sue sinn - et si jo net dem Budgetsminister seng, e géréiert se - hu mer net spe-kuléiert. Et ass also net, wéi ech e Freideg den Owend op RTL en ADR-Deputéierten héieren hunn, dee gesot huet, mir hätte mat der Trésorerie spekuléiert. Déi, déi mech kennen, wëssen iwwregens, datt dat net mengem Charakter entsprécht.

(Interruption)

Den Här Bodry confirméiert dat.

Dat entsprécht och net menger Opfaassung vun enger seriöser Gestiou vun den öffentleche Suen, an d'Regierung deelt déi Opfaassung, well mir hunn zënter dem Gesetz vun 1999 d'Méiglech-keet eng Politique d'investisse-ment mat deene Suen ze maa-chen, déi mer virdrun net esou ha-ten.

Ech ka mech nach gutt erënneren, datt an deene leschte Joren den

Trésorminister kritiséiert ginn ass, well en d'Sue vum Stat net géing mat deem beschte Rendement uleeën. Dat ware besonnesch déi Joren, wou d'Boursen natierlech méi bruecht hu wéi d'Spuerbicher. Ech hunn trotzdem ëmmer re-fuséiert, och wann ech gewosst hunn, datt mer do e puer Prozent méi Rendement erakritt hätten, déi Suen unzeleeën an domadder Ak-tien ze kafen, mä mir hunn nom Gesetz vun 1999 eng intelligent Diversifikatioun beim Uleeë vun de Statssue gemaach, mä ech ën-nersträichen et, ouni Risiko. Mir hunn de Gros vun eise Suen op engem Spuerkont bei der Spuer-keess stoen. Mir hunn e Rende-ment dorobber de leschte Mount vun ongeféier 3,3% gehat. Dat ass deen normalen Taux, wéi och e Bierger seng Suen uleet. Mir hunn och e ganz klengen Deel an Obligatiounen. Och nach eng kéier e klengen Deel an e spezialt Instru-ment gesat, an European medium-term notes geluegt, an doranner war wichteg, datt mer mat der Bank ofgemaach hunn, datt d'Ka-pital, wat mer ginn hunn, ëmmer muss à tout moment garantéiert sinn. Dat heescht, datt wa mer 100 Frang dohinner droen, da kréie mer um Enn vun där Eché-ance 100 Frang plus e Rendement erëm. Dee Rendement gëtt deter-minéiert par rapport zu gewesse-ne Kritären, mä mir verléieren net een eenzege Frang.

Et läit mer vill drun, dat ze pre-ziséieren, well ech net akzeptéiere kann, datt hei gemaach gëtt, wéi wa mat de Steuerzueler hire Suen eng Spekulation géing gemaach ginn. Dir hutt kee Spekulationsmi-nister. Dir hutt a behaalt e res-ponsablen Trésorminister.

■ **Des voix.** - Très bien.

■ **M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.** - Gesond Statsfinanzen, Dir Dammen an Dir Hären, sinn am Intérêt vun de Leit. Mir hu versicht an där Politik, déi mer maachen, de Stabilitéitspro-gramm, dee mer an Europa virge-luegt hunn, an deen do vun den eenzelne Finanzministeren éva-luéiert gëtt, ze respektéieren. Dë-se Programm verlaangt Budgets-disziplin. Nëmmen eng gesond Fi-nanzsituatioun, dat heescht e Budget am Equilibre oder excé-dentaire erlaabt et de Länner a konjunktorell méi schwierige Mo-menter ze reagéieren, ouni iwwer en Defizit vun 3% vum PIB ze kommen.

Ech wëll hei nach eng kéier d'Wichtigkeet vun deem Stabi-litéitsprogramm ervirsträichen. Datt een no dem Antrëtt an d'Euro-päesch Währungsunioun hei-ans-do iwwert dee Stabilitéitspro-gramm muss kënnen diskutéieren, dat schéngt mer dat Normalst vun der Welt. Dat heescht net, datt ee vu senger Grondobjektiver of-leicht. Ech géing zum Beispill mengen, datt et gutt wär, datt am Kader vun enger Rediskussioun vun deem Stabilitéitsprogramm géing gekuckt ginn, datt d'Kritäre vum Stabilitéitspakt deene Länner Rechnung droen, déi Reserve ge-maach hunn.

Et ass haut esou, datt e Land, wat gespuert huet, d'nämlech behan-delt gëtt am Kader vun der Eva-luatioun vum Stabilitéitspro-gramm, wéi déi Länner, déi net Suen op d'Säit geluegt hunn. Et ass gutt, wann een à l'occasion eng Nuance an deem Stabilitéits-programm mécht, fir déi Länner ze honoréieren, déi a gudden Zäiten an opgrond vun där Politik, déi ech virdru beschriwwen hunn, Res-erve gemaach hunn, déi eng nid-dreg Schold hunn, an duerfir aner Méiglechkeeten hunn, wéi déi, fir déi ursprüngelech dëse Stabilitéits-programm gemaach ginn ass.

Et ass en Ennerscheid, ob een esou eppes mécht fir den Antrëtt an d'Währungsunioun oder duerno. Wichteg awer müssen an där Diskussioun ëm de Stabilitéitspro-gramm d'Ziler bleiwen. D'Ziler sinn eng gesond Finanzsituatioun

an den Ofbau vun der Statsschold als Grondprinzip. Grad esou wichtig ass et, dass een déi makro-ekonomesch Politicken, déi d'Grundlag si vun deene Stabilitéitsprogrammer, respektéiert.

Ech hu gesot, mir hunn e Budget vu gesonde Statsfinanzen, déi responsabel ugeluegt sinn. Mir hunn e Budget lech hei virgeluegt, deen de Budget ass fir Aarbechtsplazen a fir Wuesstum. Mat dësem Budget ginn op eng vielfältig Aart a Weis d'Betriber an d'Leit hei am Land ënnerstëtzt an hirer ekonomescher Aktivitéit.

Wuesstum - dat hunn ech iwwergens schonn d'lescht Joer gesot bei dëser Diskussioun - kann een net a Prozenter dekreteieren, quitte datt mer d'lescht Joer hei e bëssen eng aner Diskussioun iwwert de Wuesstum haten, mä d'Politik kann a muss dëse Wuesstum versichen ze stimuléieren. Et ass duerfir - de Statsminister ass virdrun dorop agaangen -, datt mer och am nächste Joer eng ganz staark Investitiounspolitik wëlle maachen.

Wann ee kuckt, wat mer dëst Joer fir Investitiounen ausginn, a wann ee kuckt wéi vill dat d'nächst Joer ass, da gesidd Der, datt do Progressioun vu ronn 30% sinn. Dat sinn enorm Chifferen. Dat sinn d'nächst Joer eppes 760 Milliounen Euro. Wann ech dat zum Beispill nëmme vergläiche mam Joer 2000, wou et eng 420 Milliounen Euro waren, da gesäit een, wat fir eng enorm Progressioun, och an absoluten Zifferen dat ass, net nëmme a Prozenter. Suen, déi zu engem ganz groussen Deel de Lëtzebuerger Betriber zegutt kommen, déi eng Infrastruktur schaffen, déi aus Lëtzebuerg e kompetitive Wirtschaftsstanduert mécht. Duerfir wëlle mer op deem Wee weider goen.

11% vun den Dépense vum Stat sinn Investitiouns Ausgaben. Dat ass en äusserst héijen Taux, wann een e vergläicht mat de Länner an Europa. Wann een dat a Prozenter vum PIB ausdréckt, da gesäit een, datt d'Investissementer 3,5% ausmaachen. Ech stelle fest, dass zu Lëtzebuerg bei den öffentleche Finanzen selte gekuckt gëtt, wéi d'Situatioun am Ausland ass. Mir hunn eng Tendenz, datt wa mer op engem Punkt eng kéier e bësse méi schwach si wéi d'Ausland, datt dat ganz Land eis seet: Kuckt emol déi aner, déi maachen et vill besser.

Ech hätt gär, datt mer an Zukunft emol géinge bei den öffentleche Finanzen d'Budgeten, d'Finanzsituatioun, d'Statsschold an d'Reserven, op d'mannst vun deene Länner, déi ronderëm eis sinn, op engem Tableau niewentenee leeën an dann e Jugement ofginn iwwert dat, wat mir hei maachen. Mir wëllen hei e raisonnable Wuesstum. Dat ass dat Nämlechte wéi dat, wat mer d'lescht Joer gemaach hunn, duerfir ginn d'Investitiounen op engem héijen Niveau gehalen. Mir kënnen dat maachen, well mer déi Reserve gemaach hunn, vun deenen ech virdrue geschwat hunn.

D'Steierreform 2001-2002 reit sech natierlech an déi nämlechte Politik an. Ech ginn dorop net nach eng kéier an, well de Finanzminister dat gemaach huet, mä et muss een se awer gesinn, net nëmme an hirem direkte budgetären Effekt, mä natierlech och an hirem Wuesstum stimuléierenden Effekt, besonnesch a konjunkturrell méi schwachen Zäiten, wéi déi, wou mer dra sinn. Si kënnen momentan en Déséquilibre am Budget provozeieren, deen dann awer net schlëmm ass, wann eng Wuesstumsphas duerno kënnt.

Dozou gehéiert d'Dépense, wéi déi an dësem Budget vun der Recherche: 0,15% vum PIB, Tendenz steigend. Och dat gëtt net gemaach aus reng theoretesche wëssenschaftleche Grënn, mä dat huet eng Zilsetzung, nämlech datt d'Ekonomie dovunner soll méttel-

a laangfristeg profitéieren, datt also nei Aktivitéiten op Lëtzebuerg kommen. D'Kadergesetzer si wichtig, fir déi Ekonomie an dee Wuesstum ze stimuléieren. Dat gëllt ganz besonnesch fir d'Finanzplaz, déi de Motor vum Wuesstum an deene leschte Joren zu Lëtzebuerg ganz sécher war. Et bleift, ech géing soen, bai wäitem d'Hauptsource vun der Kierperschaftssteuer an eise Land.

Et ass evident, datt déi international wirtschaftlech Situatioun an d'Boursen en Effekt op d'Finanzplaz hate während deenen éischten Trimestere vun dësem Joer. Eng Finanzplaz, déi international ass, spiert natierlech déi international Répercussionen. Nach muss ee feststellen, datt substanzuell Benefisser am Joer 2002 gemaach ginn, och wann d'Bruttoreultat, wat ëm 3% läit, respektiv ëm 16%, wann een extraordinäre Plus-walen ofrechent, an dësem Joer manner héich ass, och wann ee muss feststellen, datt d'Bilanz-zomm vun de Banken an den éischten dräi Trimestere vun dësem Joer ëm eppes 10% manner héich ass, och wann ee muss feststellen, datt dëst Joer 50% manner Leit op der Bankplaz agestellt gi sinn, wéi dat Joer virdrun. Nach muss ee feststellen, datt Leit agestellt ginn. Ech mengen, et muss een also de Wuesstum net nëmme moosse par rapport zum Joer virdrun, mä et muss een och kucke par rapport zu deem vu wou mer ausgaange sinn. Wann een iwwer e puer Joer kuckt, dann ass déi Evaluatioun eng ganz aner wéi déi, déi mer hei maachen.

Mir hunn duerfir gesuergt, datt déi Finanzplaz weider eng staark Roll an eiser Ekonomie ka spillen. De Saz: „Mir müssen d'Ekonomie diversifiéieren.“, ass richtig. Grad esou richtig ass et, datt innerhalb vun der diversifiéierter Ekonomie mer eng staark zolidd diversifiéiert Finanzplaz wëllen hunn. Et ass dat, wat d'Regierung mécht. Et ass dat, wat ech an deene Projets de loi, déi ech, als dee fir d'Finanzplaz zoustänneg Minister, versichen ëmmer erëm ze maachen.

Ech huelen nëmme zwee Beispiller aus der rezenten Vergaangeneheet. Mir hunn als schnellst reagéierend Land an Europa e Projet de loi op den Instanzewee ginn iwwert d'Emsetzung vun der drëtter Generatioun vun den OPC-Direktiven. De Conseil d'Etat huet scho säin Avis gemaach. Ech stelle mat Satisfactioun fest, datt d'Finanzkommissioun vun Ärer Chamber schonn amgaangen ass, dee Projet ze studéieren. Mir hunn de leschte Freideg e Projet am Regierungsrat gehat, fir nei Kategorie vu Professionne vum Secteur financier anzeféieren, fir also deen néidege Kader ze ginn, fir e méi diversifiéiert Geschäft op der Finanzplaz zu Lëtzebuerg ze hunn.

Den FMI huet déi Finanzplaz uganks vun dësem Joer analyséiert an huet gesot: Et ass eng zolidd, effikass a gutt geregelt Finanzplaz.

Dir Dammen an Dir Hären, dat ass d'Resultat vun enger Politik, déi mer gemaach hunn. Dat ass eng Politik, déi mer viruféieren. Mir hunn et faerdeg bruecht, dass Lëtzebuerg op kenger vun deene schwaarzen oder groe Lëschten, déi an der Welt zirkuléieren, steet, well mer konsequent verschidde Geschäftsaktivitéiten net zu Lëtzebuerg wollten, wou mer gemengt hunn, dass se schlechte wären. Jiddereen huet sai Bäitrag dozou ze leeschten. Déi Finanzplaz huet eng Zukunft. Déi Finanzplaz huet eng Ennerstëtzung vun der Regierung. Si wäert änneren an hirer Natur, well all ekonomeschen Zweig ännert mat der Zäit. Si ännert duerch international Fusiounen, mä déi, déi mengen, datt se mar net méi do wär, ech mengen, déi ieren sech. Et ass an Europa Plaz fir eng Rei Finanzplazen, déi, déi Know-how hunn, déi, déi dee richtige juristesche Kader hunn -

dee mir geschafen hunn -, wäerten un der Spëtzt vun de Finanzplazen an Europa bleiwen.

Mir hunn e Budget vun der Solidaritéit an de Grondaufgabe vum Stat, woubai zum moderne Stat Solidaritéit selbstverständlech gehéiert. Wann ee weess, dass eise Sozialbudget dëst Joer 44% vun de Gesamtausgabe vum Stat ausmécht, da gesäit ee wat fir eng Wichtigkeet d'Regierung, a mir hoffen d'Parlament, dëse Politicke gëtt, Politicken, déi am Fong Emverdeelungspolitik sinn. De Stat sammelt Steiersuen an e verdeelt se no gewësse Kritären, déi de Stat, déi d'Parlament setzt. Mir mengen, datt déi Politicke musse virgoen, besonnesch aus deene makroekonomeschen a sozialpolitesche Grënn, déi de Statsminister virdu genannt huet.

Dëst Joer hu mer awer déi Leit, deenen et besonnesch schlecht geet, oder déi, déi besonnesch d'Ennerstëtzung vun der Solidargemeinschaft vun eis all brauchen, ënnerstëtzt. Ech erënneren drun, wat mir am Hierscht bei der Presentatioun gesot hunn, zum Beispill méi Plazen ze schafe fir déi Kanner, déi vun de Gerichter placéiert ginn, méi Plazen ze schafen am Handicapéierteberäich, deenen, déi Krankheete wéi Aids hunn, ze hëllefen, deenen, déi eeler a fleegebedürftig sinn am Kader vun der Assurance dépendance, Assurance dépendance, déi am Sozialbudget eng grouss Roll spillt. Alles dat si Moossnamen, wou mer mengen, dass déi an enger Gemeinschaft vu Solidaritéit, déi de Stat leschten Enns ass, an déi mer wëllen ënnerstëtzen, müssen eng wichtig Plaz an engem Statsbudget fanen. Si ginn e bëssen duerch déi Diskussioun vum de leschte Woche vergiess. Duerfir wollt ech hei extra drop hiweisen, datt mir net drun denken, déi doten Zort Dépenses, fir déi Schwaachsten an der Gesellschaft, ze reduzéieren oder ofzeschaffen.

An deem Kontext, mengen ech, spillen d'Hëllefen un all d'Bierger am Land am Beräich vum Logement eng ganz wichtig Roll. Dat sinn net nëmme déi Schwaachst an der Gesellschaft, mä dat ass fir jiddereen vun eis, besonnesch fir déi, déi am Ufank vun hirem Erwuesseneliewe stinn, ganz wichtig. De Statsminister ass op déi Politik agaang. Ech géing just nëmme ee Chiffer hei nennen: Wann ee kuckt am Budget vum nächste Joer, do sinn d'Hëllefen un déi eenzel Leit hei am Land, wat de Beräich Logement ubelaangt, 71 Milliounen Euro héich. Dat si staark Croissancen, och par rapport zu virun zwee, dräi Joer. Duerfir, mengen ech, ass dat eng Politik, déi ganz ville Leit hei am Land zegutt kënnt, déi eppes mat Liewensqualitéit ze doen huet, déi iwwert dat Element vu Solidaritéit erausgeet, mä och dat Element mat abehält.

An dem Kontext vun der Solidaritéit bleift et fir eis noutwendeg, datt mer déi Solidaritéit mat deene vill méi Schwaache wéi mir ausserhalb vun eise Grenze weider op engem héijen Niveau halen. Iwwergens ass dat net nëmme eng moralesch Verpflichtung. Ech sinn dorobber d'lescht Joer agaangen. Ech schwätzen natierlech vun der Entwécklungshëllef. Et ass an eise ureegenen Intérêt. Et hëlleft Stabilitéit a Friden an der Welt ze schaffen. Et hëlleft Migrationsstréim ze kontrolléieren. Et hëlleft an enger globaliséierter Welt Effete vun deem enge bei deenen aneren an eng gewësse Richtung ze bréngen.

Wa mir dëst Joer 0,84% vum Revenu national brut un d'Entwécklungshëllef ginn, an domadder eent vun deene véier, fënnf Län-

ner an der Welt sinn, déi am meeschte vun hirem Revenu national brut un d'Entwécklungshëllef ginn, dann ass dat, wéi gesot, Solidaritéit hannert där d'Regierung steet, well mer aus moralesche Grënn an aus eegenem Intérêt gesinn, datt kee Wee dolaanscht geet. Mir wäere frou, wann déi aner Länner eis dat do géingen nomaaachen. An absolute Chiffere sinn dat zum Beispill eng 15 Milliounen Euro méi, wéi mer konnten 2001 an déi Drëtt Welt ginn. Mir wëlle mat deem Effort virufieren.

Ech hu gesot: Et ass de Budget vun der Solidaritéit a vun de Grondaufgabe vum Stat. De Budget am Grëff behalen heescht jo net, datt ee keng Ausgabe mécht. De Budget am Grëff halen heescht, datt een e sécheren, op der Dépensesäit vielfältege Budget huet. Mir hu jo schlussendlech 6,4 Milliarden Euro Dépenses. Wann een déi richteg analyséiere wëllt, da muss een déi Dépenses iwwer e puer Joer kucken, fir d'Prioritéite vun der Regierung richtig kennen ze jugéieren. Do mengen ech, gesäit een, datt besonnesch bei de Grondaufgabe vum Stat, niewent der Solidaritéit vun där ech geschwat hunn, d'Regierung budgetär Akzenter gesat huet.

Ech huelen nëmme zwee Beispiller eraus, wëssend datt all Beispill nach ëmmer en arbiträre Choix ass. Ech huelen d'Schoul, vun der Spillschoul iwwergens bis zur Universitéit, insofern se de Stat betrëfft, en Deel ass jo op de Gemengebudgeten. Wann ech kucken 1999, do hate mer am Edukatiounsberäich 575 Milliounen Euro. D'nächst Joer hu mer 820 Milliounen Euro. Do gesäit een, datt alles, wat Edukatioun ass, vun der Spillschoul bis zur Uni, eng Croissance vun 42% opweist. Dat beweist, datt mer der Meinung sinn, datt d'Formation vun deene Jonken an eiser Gesellschaft, vum klengsten Alter un, muss Sue kaschten - et kann een dat net ëmmer mat Sue jugéieren, dat weess ech, mä ech schwätzen nun emol hei als Budgetminister -, an datt dat e wesentlechte Element ass, wa mer eist Land wëllen op d'Zukunft virbereeden. Eng Schoul, nieft den Inhalter, brauch Infrastrukturen, brauch Leit, déi dat mat Engagement maachen, an déi musse Paie kréien. D'Croissance iwwer véier Joer vun 42% ass en Zeeche vun där Politik.

Datselwecht gëllt an enger anerer Grondaufgab vum Stat, der Sécherheet. Polizei a Justiz. Wann ech zum Beispill kucken, datt mer d'Ausgabe fir d'Police an der Zäitspan 1999-2003 ëm 70% gehéicht hunn, da gesäit een, wat fir eng Importenz mer am Budget, ënnert deene villen Aufgaben, déi mer hunn, de Grondaufgabe vum Stat ginn. Och d'nächst Joer gi bei der Police 87 zousätzlech Leit agestellt, dovunner 20 bei der Kriminalpolizei a 60 als Polizisten, déi an deene verschiddenen aneren Aktivitéiten tätég sinn. Dat kascht natierlech alles Suen. Déi wëllt d'Regierung, no deene vun hir gesatene Prioritéiten, ausginn.

Datselwecht gëllt fir d'Justiz. D'Justiz huet an där nämlecher Zäitspan 1999-2003 46% méi Kreditte kritt. Dat sinn enorm substanzuell Augmentatiounen. Och do hätt ech emol gär, datt een déi géing op comparativen Tableaue mam Ausland vergläichen. Mir kréien d'nächst Joer nei Riichter an nei administratiiv Personal op de Gerichter.

Ech kënnt mat där Lëscht weiderfueren, maachen dat awer aus evidenten Zäitgrënn net. Eng zolidd gesond Gestéiung vun de Statsfinanze verlaangt, dass ee regelméisseg kuckt, net nëmme, wéi déi eenzel Kreditte evoluéieren, mä kuckt, wéi déi eenzel Kategorie vu Kreditte evoluéieren.

D'Dépenséstruktur am Grëff behalen ass wesentlech, an duerfir wëll ech hei nach just ee Chiffer rap-

peléieren, deen de Statsminister virdrun an enger anerer Belichtung ginn huet, nämlech deen, datt d'Konsumausgaben, d'Salarien ofgezunn, beim Stat, wann ee se vergläicht zum Beispill mat 1995, um genau nämlechen Niveau, nämlech vun ongeféier 7,5% leien. D'Gehälter, par rapport zu de Gesamtausgaben, sinn erofgaang an der Zäitspan 1995-2003 vun eppes 24% op 19%. Déi 19% hat de Statsminister virdrue scho genannt. Am gläichen Zäitraum sinn d'Investitiouns Ausgabe vum Stat geklomme vun 8,9% (1995) op 11,2% d'nächst Joer.

Ech mengen, datt dat noutwendeg ass, wann een déi Chiffere vum nächste Joer kommentéiert, dass ee se kuckt iwwer e puer Joer an dann eréischt ka gesinn, ob mer d'Konsumausgaben am Grëff hanen oder net, ob mer eng aner Emschichtung an der Dépenséstruktur musse maachen oder net.

Dir Dammen an Dir Hären, ech hat am Summer gesot, wéi mer de Budget virgestallt hunn, datt et e Budget wär vum virsiichtegen Optimismus. Ech mengen, datt dat och haut nach richtig ass. En ass optimistesches, well et ass ee Budget, deen eng Croissance virgesäit an deen zugläich och wëllt hëllefen de Wuesstum stimuléieren. E wëllt eppes bäidroen zu deem Wuesstum duerch méi Investitiouns Ausgaben, duerch eng Steuerreform, duerch sozial Transferten.

Mir hunn eng Croissance an deem Budget a mir baséieren eis och op eng Croissance. Croissance, déi jo och vun der europäescher Kommissioun a vun anere fir d'nächst Joer virgesi gëtt.

Optimistesches ass dëse Budget och, well mer Reserven ugeluegt hunn, déi eis elo zegutt kommen. Mir hunn déi Reseve jo net gemaach, fir déi éiweg do stoen ze loossen. Mir hu se gemaach fir méi schlecht Zäiten. Dofir gi mer elo, wann noutwenneg, un déi Reserven, well soss hätte mer se net bräichten ze maachen, soss hätte mer se deemools ausginn. 3,2 Milliarde Reserven, dat si Montanten, déi loosse sech weisen. Déi sinn do, fir d'Infrastrukturen ze bezuelen, ech hunn et schonn eng kéier gesot. Optimistesches och, well dëse Budget sech areit a gesond Statsfinanzen, déi d'Resultat si vun enger Budgets- a Finanzpolitik vun de leschte Joren.

Virsiichteg awer och - et ass e virsiichtegen Optimismus -, well et e Budget ass, deen engem méi luese Wirtschaftswuesstum Rechnung dréit. Mir hu versicht d'Steierrecetté realistesch anzuschätzen opgrond vun den Erkenntnissen, déi mer zu dësem Zeitpunkt hunn an déi ee muss an deenen nächste Wochen a Méint systematesch a vläicht méi oft am Joer, wéi bis elo, iwwerkucken. Mir wäerten dat och am Parlament maachen. Ech mengen et wär gutt, wa mer systematesch all puer Méint mat der Finanz- a Budgetskommissioun géingen iwwert den aktuelle Stand vun de Recetten an den Dépenses am Laf vum nächste Joer kucken, well d'Croissance économique, gëtt virausgesot, soll erëm unzéien d'nächst Joer am zweete Semester. Kee weess genee wéini, also muss een, besonnesch bei Steieren, déi enk un der wirtschaftlecher Entwécklung hängen, an ech gesinn der och virun allem zwou, nämlech d'Gehältersteuer an d'Taxe d'abonnement, där hir richtig Aschätzung maachen, déi Adaptatioun muss een am Laf vum Joer gesinn, wéi se évaluéieren.

Mir hu se ganz virsiichteg agesat. Ech hunn de Mëtten nach eng kéier nogekuckt, mir hunn zum Beispill d'Gehältersteuer am Joer 2003 nëmme ëm 2% méi héich agesat, wéi am Kont vum Joer 2000. Also iwwert eng Zäitspan vun dräi Joer hu mer nëmme 2% méi bei der Gehältersteuer agesat, well mer mengen, datt dat der

Realitéit Rechnung dréit a selbst-verständlech och der Steuerreform. Ech wëll lech domat weisen, wéi virsiichteg realistesch mer mengen, hätte mer déi Suen do virgesinn.

Mir müssen d'Statsfinanzen ëmmer méttelfristeg kucken an esou eis Budgeten och fir d'Zukunft opstellen. Een Zickzackkurs an der Budgetspolitik, dee just géing baséieren op enger Momentopnahm vun der Ekonomie oder op e puer opgereegtenen an heiansdo falsche Statistiken, ass net gesond, dee schuet der Ekonomie. Esou kann ee keng Budgetpolitik maachen. Statistiken kënnen, besonnesch an engem onséchere wirtschaftlechen Ëmfeld, nëmmen e Wourechtsgehalt hunn, wann ee se iwwert eng gewëssen Zäit kuckt.

Mir sinn déi lescht Jore responsabel mat de Statssuen ëmgaang, hu vläicht net alles gemaach, wat jiddferee gär gehat hätt, mä duerfir hu mer haut eng niddreg Statschold, duerfir hu mer Reserven, déi mer elo kënnen asetzen, duerfir hu mer Reserven, déi mer net op der Bourse verspekuléiert hunn, duerfir hu mer och net Geld zur Fënster erausgehäit an trotzdeem hu mer vill an de leschte Jore realiséiert.

Mir ware responsabel, mä mir müssen et elo weider sinn, vläicht nach méi, wéi an der Vergaangeneheet. Duerfir maachen ech awer och en Appel un eis all, heibannen an dobaussen, datt et elo keng Zäit ass fir nei Fuerderungen, fir nei Dépenses, déi iwwert de Budget, dee mer hei am Parlament presentéieren, eraus ginn. Mir mengen, datt dat an dëser Zäit net verantwortungsvoll wär.

De Budget ass voll vu wichtege politeschen Iddien an Akzenter a ville Beräicher, déi am Intérêt vun de Leit hei am Land sinn. 6,4 Milliarden am Budget plus nach ongeféier eng Milliard Ausgaben an den Investitiounsfongen, domadder kann ee viles hei am Land maachen.

Ech wäert derfir suergen, datt déi Ausgaben net dat iwwerschreiden, wat mer hei dem Parlament presentéieren. D'Parlament wäert dat am Laf vum Joer jo kënne intensiv suivéieren.

Méttelfristeg wäerte mer d'Ausgabenhéicht müssen am Liicht vun och enger réckkuckend méttelfristeger Analys vun de Steiereinnahme maachen. Dat géllt besonnesch fir d'Budgeten 2004, 2005 an 2006. Och do géllt et keen Zickzackkurs ze fueren, mä déi Adaptatiounen esou ze maachen, wéi ee se ka maachen opgrond vun den Erkenntnisser, déi een dann huet an ouni ze riskéieren, datt d'Ekonomie oder d'Akomesse vun de Leit géing brutal Aschnëter kréien, well dat géing ee Cercle vicieux an der Ekonomie ginn, deen nach méi schnell géing sech selwer no ënnen dreien, an dat wëlle mer op jiddfer Fall évitéieren.

Da mengen ech schlussendlech, datt mer bei manner Recettë müssen eis op d'Grondaufgabe vum moderne Stat konzentréieren. D'Prioritéit wäert da bei den Dépense leie vum Sozialnetz, vun der Schoul, der Gesondheet, der Famill, der Sécherheet, dat ass keng exhaustiv Lëscht, mä de Stat muss sech heiansdo op seng Grondaufgaben zréckbesënnen, wann e muss mat manner Mëttele fonctionnéieren. An Zäite wou e méi Mëttelen huet kann en och nach Saache maachen déi nützlech sinn, déi wëschenswäert sinn, mä déi awer vläicht net zu den absoluten Noutwendegkeete gehéieren. Dat si politesch Choixen. Déi politesch Choixen, déi wëlle mer dem Parlament virleeën an doriwwer muss d'Parlament mat decidéieren.

De Budget 2003 erhält eis déi gesond Statsfinanzen, e setzt kloer Akzenter, an duerfir invitéieren ech lech am Numm vun der Regierung dëse Budget ze stëmmen.

Ech soen lech merci.

■ Plusieurs voix.- Très bien.

■ M. le Président.- D'Chamber hält Akt vun der Deklaratioun vum Här Budgetsminister Luc Frieden.

Wat eis Aarbecht fir déi nächst Woch ubelaangt, huet d'Présidentekonferenz gëschter getagt a schléit lech Folgendes vir:

D'Chamber siégéiert en Dëschdeg, den 10. Dezember, um dräi Auer, e Mëttwoch, den 11. Dezember, moies um néng an nomëttes um halwer dräi, an en Donneschdeg, den 12. Dezember, moies um zéng an nomëttes och um halwer dräi.

En Dëschdeg hu mer d'Budgetsdebatten nom Modell 7. Bei Bedarf gëtt d'Sitzung och no halwer siwe verlängert.

E Mëttwoch de moie fuere mer weider mat den Debatten an uschlëssend intervenéiert den Här Stats- a Finanzminister Jean-Claude Juncker.

E Mëttwoch nomëtteg ginn d'Budgetsdebatten ofgeschloss. Och hei gëtt bei Bedarf d'Sitzung no halwer siwe verlängert.

En Donneschdeg hu mer:

1. de Projet de loi 5031 iwwert de Bau vun enger Annexe fir de Lycée technique zu Dummeldeng;

2. de Projet de loi 5007 iwwert d'Services postaux; an

3. an engem Rapport d'Projets de loi 4691, 5008, 5009, 5010 a 5011, verschidden Accords de réadmission.

Ass d'Chamber domat averstannen?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Domat wiere mer um Enn vun eiser Sitzung ukomm. D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 16.33 heures)

Sommaire des séances publiques

Communications	pages 94-95
Ordre du jour	page 95
Dépôt d'une motion sur la situation en Iran	page 95
Ordre du jour	page 95
Dépôt d'une résolution	page 95
Dépôt d'un projet de loi	page 95
Dépôt d'une proposition de loi	page 95
Heure de questions au Gouvernement:	
- Question 250 de M. Nico Loes relative à l'information du citoyen sur les dangers potentiels dans certains pays	pages 95-96
- Question 251 de M. Jos Scheuer relative aux horaires de travail des salariés du secteur commercial au cours du mois de décembre	page 96
- Question 252 de M. Robert Mehlen relative au problème des pierres d'emparement pour le Musée d'art moderne Grand-Duc Jean	page 96
- Question 253 de Mme Mady Delvaux-Stehres relative aux intentions du ministère d'abolir à partir du 2ième trimestre de l'année scolaire courante une classe terminale du Lycée technique Michel Lucius	page 96
- Question 254 de Mme Renée Wagener relative aux expériences du projet "partageons l'égalité - Gleichheit teilen" dans l'enseignement précoce, préscolaire et primaire	page 96
- Question 255 de M. Ben Fayot relative aux orientations des propositions des premiers ministres du BENELUX à la Convention sur l'avenir de l'Europe	pages 96-97
- Question 256 de M. Robert Mehlen relative à la campagne de publicité en relation avec la politique de coopération	page 97
- Question 257 de M. Ben Fayot relative à la position du Gouvernement sur la candidature de la Turquie à l'Union européenne en vue du Conseil européen de Copenhague des 12 et 13 décembre 2002	pages 97-98
- Question 258 de M. Robert Mehlen relative à la situation économique extrêmement difficile des installations dites "collectives" de l'agriculture luxembourgeoise à Mersch et ailleurs	page 98
- Question 259 de M. Ben Fayot relative aux propositions faites par le Vice-Président de la Commission, M. Kinnock au sujet du site de Luxembourg	pages 98-99
- Question 260 de M. Georges Wohlfart relative à la création d'un nouveau bâtiment sur un nouveau site pour le Lycée technique agricole	page 99
Dépôt d'une motion sur la situation en Iran	page 99
Motion de M. François Bausch sur la situation en Iran et	
Motion de M. Jean-Paul Rippinger sur la situation en Iran	pages 99-100
Résolution de la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire relative à l'approbation des comptes de l'exercice 2001 de la Cour des Comptes	page 100
4881 - Projet de loi portant approbation de la Convention de Stockholm sur les polluants organiques persistants, faite à Stockholm, le 22 mai 2001	pages 100-102
Dépôt de deux propositions de loi	page 102
4837 - Projet de loi portant approbation du sixième Protocole additionnel à la Constitution de l'Union postale universelle, de la Convention, du Règlement général et de l'Arrangement signés au Congrès postal universel de Beijing le 15 septembre 1999	pages 102-103
4930 - Projet de loi portant changement de limites entre les communes de Niederanven et de Sandweiler	pages 103-104
4856 - Projet de loi relatif aux produits biocides	pages 104-107
Demandes en naturalisation	pages 107-108
Communications	page 108
5000 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'Etat pour l'exercice 2003	
Rapport de la Commission des Finances et du Budget	pages 108-111
Exposé de M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances	pages 112-116
Exposé de M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget	pages 116-118



Chambre
des Députés
L U X E M B O U R G

d'Chamber live

Chamber TV

och an der Rediffusioun
all Sëtzungsdag
vun 19:00 Auer un

d'Chamber online op
www.chd.lu
mat de Rubriken

- Composition & Organisation
- Séances publiques & Commissions
- Hôtel de la Chambre
- Portail documentaire
- Web TV live